



Koup Amendementer ugeholl, wou mer den Text verbessert hunn, mat Guichet unique, mat der Locatioun.

Ech hunn lech selwer proposéiert, de ganze Problem an d'Commission juridique ze ginn. Dir waart d'accord. Dir hutt an der Commission juridique à l'unanimité Propositione mat-gestëmmt, déi mer gemaach hunn. Mir kréien et zréck! De Statsrot hat dee ganzen Text eng Kéier gekuckt. De Statsrot huet de ganzen Text eng zweete Kéier gekuckt. An do waren allequerten déi Punkten do dran!

Do waren déi dräi Rectification-matérielen. Dunn hu mer e Bréif gemaach, an dunn hu mer gesot: „Mir froen elo: Geet dat do duer oder hätt Der gär Amendementen?“ Dunn huet de Statsrot eis gesot: „Den Text ass fir eis an der Rei.“ An Dir hutt jo den Text gelies, well de ganze Rescht ass vum Statsrot total ofgeseent ginn. An indépendamment vun der Urgence: Et ass e ganz wichtege Text! De Statsrot huet e ganz genau geprüft!

A wat Der net gesot hutt: Den ILR ass dat grousst Kontrollorgan. Dat geet aus all den Artikelen hei eraus. Dat hutt Der zum Beispill net ernimmt. Dir dierft dann awer net heibanne Zizanie maache vu Saachen, déi Der an der Kommissioun matstëmmt!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel (DP).**- Den Text ass esou an der Rei! Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très, très bien!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech mengen, domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun a mir wären an der Lag, iwwert deen Amendement, deen och an der Zwëschenzäit un d'Fraktiounscheffe gaangen ass an och elo ënnerwee ass un all d'Membere vun der Chamber, ofzestëmmen. Dat ëmsou méi, well den Inhalt llicht verständlech misst sinn. Hei geet et drëm, fir eng Date butoir ze sträichen oder se net ze sträichen. An ech mengen, mir si prett, fir ofzestëmmen.

(Interruption)

Jo, da misste mer een nom aneren ofstëmmen. Mir müssen awer zweemol ofstëmmen, well et zwee Amendemente sinn.

Amendement 1

Mir géifen also fir d'Éischt iwwert den Amendement 1 ofstëmmen. Deen, dee mam Amendement d'accord ass, stëmmt mat Jo, an deen, déi géint den Amendement ass, mat Neen.

Vote sur l'amendement 1

An d'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

A mer hunn 28-mol Jo. A wann dem Här Adam seng Maschinn net gaangen ass a mer huelen déi derbäi, ass et 32-mol Neen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Amendement 2

Da géife mer zu der Ofstëmmung iwwert den zweeten Amendement iwwergoen. Dee betrëfft de Paragraf 2 vum Artikel 8. An nach eng Kéier datselwecht, wat d'Ofstëmmung ugeet: Déi, déi derfir sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi dergéint sinn, mat Neen. Wann ech d'Ofstëmmung elo ka lancéieren... Voilà! Mir si prett.

Vote sur l'amendement 2

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Ech stëmmen nach eng Kéier mat Non.

► **Une voix.**- Ech och!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Et ass elo awer gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, ech mengen, Dir hutt gestëmmt,...

► **Une voix.**- Hie wollt séchergoen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ... well ech hunn hei 60 Stëmmen.

D'Resultat ass och net iwwerraschend: 28-mol Jo, 32-mol Nee. Domat ass och deen zweeten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

A mir géifen zum Vott - ech maachen dat elo e bësse méi lues - iwwert den Ensembl vum Projet de loi iwwergoen. Voilà! Déi, déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi net derfir sinn, mat Neen oder Enthalung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6867 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. A schonn ass de Vott fäerdeg.

33-mol Jo, a 26 Abstentionen. Domat ass de Projet 6867 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6867 est adopté par 34 voix pour et 26 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci.

(Interruption)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen dann zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 6704. Dat ass dat sougenannt Omnibusgesetz. A wann ech et net géif soen, da géif den Här Bodry et soen: Dat huet näischt mam Tram ze dinn, mä et huet eppes mat der administrativer Vereinfachung ze dinn, mat der Vereinfachung vu Prozeduren. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Yves Cruchten.

3. 6704 - Projet de loi dite «Omnibus»

portant modification:

a) de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

b) de la loi du 30 juillet 2013 concernant l'aménagement du territoire;

c) de la loi du 22 octobre 2008 portant promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes;

d) de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles;

e) de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau;

f) de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

g) de l'article 44bis du Code civil;

h) de la loi du 18 juillet 1983 concernant la conservation et la protection des sites et monuments nationaux;

i) de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

j) de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national;

k) de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés;

et abrogeant:

a) l'arrêté grand-ducal modifié du 13 août 1915 portant règlement du service des femmes dans les hôtels et cabarets;

b) l'arrêté grand-ducal du 15 septembre 1939 concernant l'usage des appareils radiophoniques, des gramophones et des haut-parleurs

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, d'Bierger am Lëtzebuerger Land hunn e Recht op e gudden, e performanten, e frëndlechen an och e séiere Service public. Dëse kréie si och garantéiert vun enger moderner an enger effikasser Verwaltung a gutt forméierten a kompetente Fonctionnaires a Beamten.

Fir dëst och an Zukunft ze garantéieren, hu mer zejoert eis Fonction publique reforméiert. Allerdéngs geet dat net duer. Wann haut de Bierger sech beklot, datt en ze laang muss drop waarden, datt seng Demande oder säin Uleies traitéiert gëtt, da läit dat meeschtens net um gudde Wëlle vun der Verwaltung oder un engem Beamten, mä ganz dacks u laange schwéierfälligen, jo heiansdo souguer onsënnigen administrativen Prozeduren.

Am Laf vun de Jorzéngten ass eis Gesetzgebung ëmmer méi komplex ginn, ëmmer méi komplizéiert och. Heibanne sinn eng ganz Rëtsch vu Buergermeeschteren a Schäfte. Si all kennen e Liddchen dovunner sängen. Eleng am Beräich vun der Landesplanung an der Mengenentwicklung komme stänneg nei Oplage bäi, nei Prozeduren, nei Délaien an esou weider.

Si, all eenzel gekuckt, maachen natierlech Sënn. Mä an der Zomm féiere se zu laangwieregen a schwéierfälligen Prozeduren. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer de Mëtteg vun den eenzelne Riedner nach déi eng oder aner Beispiller wäerte geliwwert kréie vun interminabele Prozeduren. Et besteet dofir scho méi laang e breede Konsens iwwert déi politesch Parteien eraus, datt mer müssen eis Prozedure vereinfachen an accélérieren.

Am Joer 2012 hat déi deemoleg Regierung eng grouss Table ronde organiséiert mat de concernéierten Akteuren: der UEL, dem Syvicol oder nach dem OAI. Et gouf eng interministeriell Plattform geschaaft, déi sollt identifizéieren, wou mer kënnen administrativ Hürden ofbauen, Délaien verkierzen an Investissementer accélérieren.

Am Joer 2013 goufen d'Konklusiounen dovunner gezunn an d'Iddi vun engem Omnibusgesetz war gebuer, wat eng ganz Rëtsch vu verschiddene Gesetzter sollt ofänneren. Déi nei Regierung war grad wéi hir Virgänger vun der Noutwendegkeet vun esou engem Gesetz iwwerzeegt, an de Minister, dee fir d'Simplifica-

tion administrative zoustänneg ass, den Här Kersch, huet knapps en halleft Joer, nodeems en an där Fonction ugetratt ass, schonn e Projet de loi ausgeschafft an an der Chamber déposéiert. Méi séier kann et bal net goen.

(Interruption)

Domat wollt d'Regierung och dokumentéieren, wéi eescht et hir mat dësem Sujet ass, a wollt keng Zäit verléieren.

Ech ginn normalerweis a menge Rapporten net vill op den Historique vun engem Projet de loi an. An dësem Fall awer muss een dat maachen, well ironescherweis grad d'Gesetz, fir d'Prozeduren ze vereinfachen, dach laang an de Prozedure geschleeft huet. Wann den Omnibus och wollt esou séier wéi den TGV fueren, esou hat en net mam Trafic gerechent. An den Omnibus stoung wéi vill Lëtzebuerger och am Stau.

De 16. Juli 2014 gouf de Projet de loi déposéiert. D'Regierung huet de 27. Mäerz 2015 Amendementer nogereecht, well et sech gewisen huet, datt dee Projet de loi net esou séier kéint ëmgasat ginn, wéi ugangs erhofft. Et huet de Risiko bestanen, datt eng Rei Gemengen et net géife fäerdegbréngen, d'Reform vun hirem PAG am Délai ofzeschleissen, deen dat modifizéiert Gesetz vun 2004 virgesinn hat. Et huet also relativ séier müssen eng Verlängerung vun dësem Délai gemaach ginn.

Den 3. Abrëll 2015 kouw dunn den Avis vum Statsrot. Dësen huet sech awer och nëmmen op deen eenzege Punkt vum Délai beim PAG bezunn. De Statsrot huet d'Drénglechkeet vun deem Problem unerkannt a virgeschloen, de Projet de loi an zwee ze splécken, wat d'Chamberskommissioun och esou iwwerholl huet.

Den 21. Mee 2015 gouf dëse klengen Deel also vum Omnibusgesetz hei an der Chamber gestëmmt. Pünktlech fir d'Summervakanz, de 17. Juli 2015, kouw dunn den Avis complémentaire vum Statsrot, dee sech u sech mam ganze Rescht vum Omnibusgesetz befaasst huet. Also genee ee Joer nom Dépôt.

Am November 2015 huet d'Chamberskommissioun hir Amendementer opgrond vum Avis vum Statsrot eragereecht. Et huet dunn nees aacht Méint gedauert, bis de 15. Juli 2016, bis d'Chamber vum Statsrot eng Antwort op dës Amendementer krut. Direkt no der Summervakanz am September an Oktober 2016 huet d'Kommissioun un de leschten Ännerunge geféilt, déi de Statsrot a sengem Avis gefrot hat.

Den 13. Dezember schlussendlech kouw dunn en drëten Avis complémentaire vum Statsrot, deen eis et haut erméiglecht, also no gutt 30 Méint, dëst Gesetz haut ze stëmmen.

Eng gutt zwielefmol huet sech d'Kommissioun vun der Fonction publique an der administrativer Reform och zesumme mat de Kommissioun fir Affaires intérieures an Environnement mat dësem Projet befaasst. Tëscht dem Dépôt vum Projet de loi a sengem Vott sinn also net manner wéi 30 Méint vergaangen. A wéi dat esou geet, wann eppes méi laang an der Maach ass, goufen entre-temps schonn aner Gesetzter geännert, déi elo bei dem Omnibusgesetz en cours de route och nach hu musse considéiert ginn, wéi zum Beispill d'Gesetz iwwert de Persouneregëster.

Nach an eiser leschter Kommissiounssitzung hu mer eng kleng Ännerung misse virhuelen, well zanter dem 1. Januar aus dem Mémorial elo de Journal officiel ginn ass. Mir haten dem Statsrot matgedeelt, datt mer d'Terminologie ugepasst hunn. A mir kruten nach de leschte Freideg eng Antwort, wou hie säin Accord dozou gëtt, awer fret, datt mer dann och dee ganzen Term, näamlech Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg, solle benotzen. Ech géif der Chamber proposéieren, datt mer déi Remarque berücksichtegen an den definitiven Text um Niveau vun den Artikelen 12 a 76 entspriechend upassen.

Ech hunn déi Opzielung vun deene verschiddeenen Etappe gemaach, net fir mam Fanger op een ze weisen, mä fir ze dokumentéieren, wéi komplizéiert dat Ganz ass an datt et weder um gudde Wëlle vun der Chamber nach vun der Regierung loun, fir dëse Projet séier duerch d'Instanzen ze kréien. Mir hunn an eiser Gesetzgebung ebe Prozeduren, déi vu bausse laang a komplizéiert wirken, mä déi néideg sinn an engem Rechtsstat, an deem Transparenz an och e gewëssent Matsproocherecht héichgehalde ginn. An éierlech gesot: Ech wëllt och net an engem Stat liewen, wou dat anescht wier.

Zum Projet de loi selwer. Ech hu mä Beschäft probéiert, fir dësen Deel vu mengem mëndleche Rapport esou einfach a verständlech wéi



méiglech ze halen. An ech hoffen, dat gëtt elo net ze komplizéiert.

Mat dësem Projet sollen net manner wéi eefel existéierend Gesetzer punktuell ofgeännert ginn an zwee Arrêtés grand-ducaux ofgeschaaft ginn. De Projet de loi ass a Kapitelen ënnerdeelt entsprechend deene verschiddene Gesetzer, déi ofgeännert respektiv ofgeschaaft ginn. Ech probéieren elo, a kuerze Wieder d'Haaptpunkten ervirzesträichen, mam Vermierk, datt ech fir den Detail op mäi schrëftleche Rapport verweisen, e Rapport, deen awer net manner wéi 120 Säiten ëmfaasst, a wou ech hei och gäre géif dervu profitéieren, fir souwuel de Mataarbechter hei am Haus wéi och bei mir an der Fraktioun Merci ze soe fir hir wäertvoll Hëllef.

En décke Batz vum Projet de loi betrëfft d'Gesetz vum Aménagement communal vum 19. Juli 2004. Dëst Gesetz kennt heibanne jiddwereen, well et an de leschte Joren net manner wéi sechsmol ofgeännert gouf, a sech zanter dem Vott d'Gemengen hei am Land alleguerten domadder ausenanersetzen.

Engersäits gëtt d'Zuel vun de Membere vun der Commission d'aménagement vun haut 5 op maximal 13 gehéicht, grad wéi d'Zuel vun de Membere an der Cellule d'évaluation adaptéiert gëtt. Dëst soll et méiglech maachen, datt d'Avisé vun där Kommissioun méi séier kënne formuléiert ginn an d'Gemengen net méi esou laang mussen op d'Antwort aus dem Ministère waarden.

Am selwechte Gesetz kréien d'Gemengen, wa se dann dat néidegt qualifizéiert Personal am Service technique schaffen hunn, d'Méiglechkeet, selwer verschidden Ännerungen an hirem PAG virzehuelen. Dat huet de Virdeel, datt se net méi mussen op extern Büroen zrëckgräifen. Dat mécht Sënn, well vill Gemenge beschäftegen haut schonn Architekten oder Architectes urbanistes. Eng vergläichbar Ännerung gouf och um Niveau vum PAP gemaach.

E ganz wichtege Punkt betreffend d'Obligatiounen, déi mam Opstelle vun den Études préparatoires verbounne sinn: Hei soll eng Vereinfachung kommen. Eenzel Avisen, déi mer an der Chamberskommissioun kritt hunn, hunn dës Verännerung kritiséiert, well se an der besteeënder Étude préparatoire e gutt Instrument gesinn, fir Entwécklungszeenarie fir eng Gemeng ze beschreiwen an en effentlechen Débat iwwert déi gewielte Strategie ze féieren. Tatsächlech sinn déi Etüden immens voluminéis an extrem detailléiert, wat d'Gemenge vill Zäit, Suen an heiansdo och Nerve kascht.

Et kann een och dorun zweifelen, datt esou en Dokument déi beschte Grondlag fir en effentlechen Débat ass. D'Étude préparatoire beschränkt sech an Zukunft drop, eng Analys vum Ist-Zustand ze maachen an, dorop opbauend, e Konzept fir d'Entwécklung vun der Gemeng ze beschreiwen. Esou gëtt déi generell Orientéierung vun deem neie PAG virgezechent.

Parallèll gëtt iwwer aner Modifikatiounen vum Gesetz, op déi ech nach aginn, den Zougang zur Informatioun fir de Bierger verbessert. De Rapport de présentation, dee bei all PAG muss dobäileien, gëtt ersat duerch eng Fiche de présentation, déi déi fundamental Orientéierung vun engem PAG resüméiert.

Wann een iwwert d'Verkierzung oder d'Vereinfachung vun de Prozedure schwätzt, da muss een uechtginn, datt dës Vereinfachungen net op Käschte vun der demokratescher Matbestëmmung, de Rechter vun de Bierger oder Organisatiounen geet. Et ass dofir wichteg, datt eng beschtméiglech Informatioun vum Public garantéiert bleift.

Aus dësem Grond ginn d'Prozedure fir d'Publikatioun, also d'Bekanntmachung, méi daitlech gemaach. Mir kennen all de Reider, dee virun der Gemeng steet an an deem d'Gemeng hir Décisiounen bekannt mécht. Dëst Relikt aus dem leschten a virleschte Jorhonnert erfëllt haut awer net méi eleng säin Zweck.

Dëse Projet de loi gesäit vir, datt wichteg Décisiounen an Zukunft net nëmmen an den Dageszeitungen ugekënnegt ginn, mä och mussen op der Internetsäit vun der Gemeng publizéiert ginn. De Bierger soll sech esou einfach wéi méiglech gutt an am Detail kënne informéieren. Nieft der traditioneller Publikatioun par voie d'affiche an Annoncen an den Dageszeitungen muss e Projet d'aménagement général net just am Gemengesekretariat ausleien, fir consultéiert kënne ze ginn, mä muss och op informateschem Support publizéiert ginn; an anere Wieder: och um Internet. Dat

ass eng gutt Saach, déi all de concernéierte Leit et erméiglecht, an aller Rou vun doheem aus déi Dossieren ze studéieren.

Am Kader vun dësem Projet de loi gëtt och profitéiert, fir dem Uerteel vun der Cour constitutionnelle vum 4. Oktober 2013 Rechnung ze droen. D'Gericht hat jo festgehalen, datt een net pauschal kéint per Gesetz décidéieren, datt d'Propriétaires net mussen indemniséiert ginn, wann duerch en neie PAG oder PAP d'Notzungsrecht vun hirem Terrain ageschränkt gëtt. De Propriétaire muss d'Recht behalen, eng Indemnitéit ze froen, an et muss vu Fall zu Fall gekläert ginn, ob sech eng Indemnitéit justifiéiert.

Mir hunn awer décidéiert, den Délai, bannent deem ee ka säi Recht op esou eng Indemnitéit afuerderen, op fënnf Joer ze limitéieren. Dat mécht Sënn, well jo all sechs Joer de Gemengerot doriwwer befanne muss, ob e säi PAG nees wëllt op de Leescht huelen oder net. Esou ass de Gemengerot da weinstens sécher, datt all eventuell Indemnisiatiounen, déi duerch den initialen neie PAG entstoe kéinten, op d'mannst bekannt sinn.

Deeselwechten Délai gëllt dann och fir d'Projets d'aménagement particuliers. An darselwechter Logik gëtt d'Gesetz iwwert den Aménagement du territoire ofgeännert, wou et ëm d'Auswierkunge vun engem Plan directeur sectoriel oder engem Plan d'occupation du sol geet.

E weidere wichtege Punkt betrëfft de Bau vu Wunnengen, déi zu engem soziale Präis musse verkaaft ginn. Bei de PAPen, déi méi grouss si wéi een Hektar respektiv wou méi wéi 25 Logementer gebaut ginn, huet d'Gesetz vun 2004 scho virgesinn, datt 10% vun de Wunnengen musse reservéiert si fir de Logement à coût modéré.

Dat huet awer mat sech bruecht - oh Wunder! -, datt dann natierlech déi klengste Wunnengen fir de Logement à coût modéré iwwreg bliwwen sinn. Déi nei Dispositioun kënnt dem Wille vum Gesetzgeber besser no a prezisiéiert, datt 10% vun der Surface construite brute musse fir de Logement à coût modéré virgesi sinn. Doduerch erhofft ee sech, datt insgesamt méi erschwéngleche Wunraum entsteet.

De Stat reduzéiert och seng Délaien, bannent deenen hie seng Avisé muss ofginn. Esou gëtt zum Beispill den Délai, deen d'Commission d'évaluation kritt, fir hiren Avis ze maachen, vun dräi Méint op ee Mount reduzéiert. Dat gëtt zimlech sportlech an et gëtt sech erwaart, datt doduerch d'Prozeduren insgesamt daitlech méi séier ginn. Datselwecht gëllt och fir d'Approbation ministérielle vun enger Konvention an engem Projet d'exécution vun engem PAP.

Nei agefuert gëtt eng accélériert Prozedur bei klengen Ännerungen vun engem PAP. Ech ginn hei net op den Detail an, mä am Résumé brauche kleng Ännerungen net méi dee laangen administrative Wee ze maachen a kënne soumat daitlech méi séier ëmgasat ginn.

Wat Autorisatiounen ugeet fir, zum Beispill, Publicitéitspanneauen op de Gebaier, esou soll an Zukunft de Buergermeeschter kënne esou Autorisatiounen ausstellen, amplaz vum Kulturminister. Dofir mussen d'Gemengen dat awer an hire Bautereglementer definéieren. An deem Kader kruten d'Gemenge via Circulaire vum Innenminister un d'Häerz geluecht, hir Reglementer deementspreechend unzepassen. Falls et sech awer ëm Publicitéit an engem Secteur protégé handelt, esou bleift de Kulturministère d'Instanz, déi muss gefrot ginn. Och hei gëtt d'Prozedur méi kloer gemaach, a falls ee bannent dräi Méint keng Antwort krut, ass d'Demande accordéiert.

Et gëtt nach festgehalen, datt d'Gemenge via Reglement kënne festhalen, bei wéi engem Travaux de moindre envergure ee keng Baugeneemegung méi brauch. An deemselwechte Kapitel iwwert den Aménagement communal ginn nach aner Délaien gekierzt oder prezisiéiert, verschiddenen Uerteeler gëtt Rechnung gedroen an d'Legislatioun deementspreechend prezisiéiert oder ugepasst. Mä et géif vill ze wäit féieren, fir all déi Saachen am Detail opzezielen.

D'Kapitel 3 vum Projet de loi beschäftegt sech mam Gesetz iwwert de Pacte Logement. Mir wëssen, wéi schwierig et ass fir d'effentlech Hand, fir un Terrainen ze kommen, zum Beispill wann et ëm de soziale Wunnengsbau geet. Mat dësen Ännerungen gëtt d'Virkaufsrecht vum Fonds du logement ausgeweit a méi kloer definéiert. Et ass ze hoffen, datt dëst an der Praxis wäert hëllefen, datt de Fong besser u bebaubar Terrainen an de Gemenge kënnt, fir de soziale Wunnengsbau konsequent auszubauen. Dozou muss ee soen, datt d'Regierung de 4. Januar 2016, also viru ronn engem Joer néng Amendementer agereecht hat, déi och d'Gesetz iwwert de Pacte Logement sollten ofänneren.

Aus Zäitgrënn a well et um juristesche Plang eng Rei Problemer gouf, huet de Statsrot déi

awer net aviséiert a proposéiert, dee Volet zu engem spéideren Zäitpunkt ze traitéieren. D'Regierung huet schlisslech décidéiert, dës Amendementer erëm zrëckzezéien. Domat kann dëse Projet de loi haut ofgeschloss ginn. Weider Ännerungen, déi de Pacte Logement an den Droit de superficie betreffen, kënne da gegebenenfalls iwwer en neien onofhängege Projet de loi abruucht ginn.

Och wat d'Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 ugeet, ginn d'Prozedure vereinfacht. Esou muss keng Autorisatiounen méi ugefrot gi beim Ëmweltministère, wann ee manner wéi 30 Meter vun engem Bësch oder engem Waasserlaf wëllt bauen; datselwecht wann een no un eng Natura 2000-Zon erukënnt. Déi Bestëmmung ass iwwerflësseg, well den Ëmweltminister am Kader vun den Habitat- a Vullenschutzgesetzter souwisou en Droit de regard huet bei all Projet, deen en Impakt op dës Zon kann hunn.

Am Waassergesetz gëtt eng Forfaitstax agefuert fir déi kleng Prélèvement vu Waasser, déi ënner 200 m³ pro Joer leien. Bei esou klengen Quantitéite brauch een dann och kee Waasserzieler méi ze installéieren. Mir wëssen, wat dat fir en Opwand ass a mat wéi vill Käschten dat verbounnen ass.

Wat de Bau an Iwwerschwemmungsgebiddern ugeet, esou bleiwen déi streng Oplagen a Konditiounen generell bestoen. Den Ëmweltminister kritt awer méi eng grouss Flexibilitéit, fir och an esou Gebiddern kënne eng Baugeneemegung ze ginn, wann eng Rei vu Konditiounen erfëllt sinn.

Eng Demande, déi haaptsächlech vu méi klengen Gemenge koom, war déi, datt och d'Employéen op de Gemenge verschidden Akte kënne ausstelle respektiv vum Buergermeeschter eng Délégation de signature kréien. Och déi vereelsten Alterslimit vu 25 Joer fir dës Délégation de signature gëtt ofgeschaaft.

Et kënnt effektiv emol vir, datt et op enger Gemeng, déi wéineg administratiivt Personal beschäftegt, en temporären Engpass gëtt a vläicht grad kee Fonctionnaire bei Hand ass, fir en Dokument auszustellen. Do ass et fir de Bierger net ze verstoen, wann hie virstelleg gëtt a gesot kritt, e kéint leider kee Certificat oder Akt kréien, well keen do ass, dee berechtigt ass, fir en ze ënnerschreien. Heimat gëtt zwar keng komplett Gläichstellung gemaach vun den Employéen an de Fonctionnaires, mä haaptsächlech op déi reell a praktesch Besoine vun de Gemengen an de Bierger reagéiert. Un de Virgaben, d'Posten op de Gemenge mat Fonctionnaires ze besetzen, ännert dat natierlech näischt.

Eng Vereinfachung gëtt et och am Kommodo-Inkomodos-Gesetz. Et gëtt an Zukunft fir Betriber eng Klass 1A an eng Klass 1B, woubäi déi éischt just muss vum Aarbechtsminister an déi zweet just muss vum Ëmweltminister autoriséiert ginn, an net méi vun deenen zwee wéi bis elo.

An dann zum Schluss nach eppes, fir ze schmunzelen.

Mat dësem Projet de loi ginn zwee Arrêtés grand-ducaux ofgeschaaft, deen ee vun 1939, deen de Gebrauch vu Radioen a Grammofone regelt. Dësen Arrêté huet net méi vill mat der Realitéit ze dinn, zemoos well d'Gemengen de Kaméidi iwwer hir Polizeireglementer kënne reglementéieren. Bis haut huet een awer zum Beispill fir all Braderie oder soss eng Feierlechkeet dobausse musse beim Innenminister eng Geneemegung kréien, fir Lautsprecher opzestellen. Mir sinn eis eens, datt dat net zäitgeméis ass a souwuel villen Associatiounen wéi och de Beamte vill Opwand bruecht huet, dee mer heimadder ofschafen.

Deen aneren Arrêté vun 1915 ass nach méi co-casse. Dee mécht näamlech bis elo Virschrëften, ënner wéi enge Konditiounen d'Fraendierften an Hoteller oder Cabarete schaffen, gemengt sinn hei d'Wirtschaften. Esou wier et enger Serveuse theoretesch verbueden, sech bei de Client un den Dësch ze setzen, an u sech misst all Kéiers de Gemengerot eng Autorisatioun ginn, wann eng Fra sollt an engem Bistro agestallt ginn.

(Interruption)

Dir gesitt, datt dësen Arrêté vun 1915 absolutt näischt méi an der heiteger Zäit verluer huet! An dofir gëtt en och elo einfach ofgeschaaft.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Souill zum Contenu vum Omnibusgesetz. Nieft den Avisen vum Statsrot krut d'Kommissioun natierlech och d'Avisen vun de Beruffskummere wéi och dem Ordre des architectes, dem OAI, déi éischer positiv op dëst Gesetz reagéiert hunn.

E licht méi kriteschen Avis koom vum Mouvement écologique, dee sech verständlecherweis

Froe stellt, ob eng administrativ Vereinfachung net och kann op Käschte vun der Participatioun vun de Bierger goen, an e fret och, datt de Bierger méi systematesch solle verschidden Informatiounen zoukomme gelooss ginn. Eng grouss Suerg ass och d'Reduzéiere vum Opwand beim Erstelle vun den Études préparatoires bei engem PAG. Déi genee Konditiounen heifir sollen elo vum Minister an engem Règlement grand-ducal opgestallt ginn.

Ech géif awer och wëllen e puer generell Remarquë maachen, déi och an deeneselwechte Kommissiounssitzungen beschwat goufen. Ech sot virun, dass et e breede Konsens gëtt fir eng administrativ Vereinfachung, eng Reduzéierung vun den Délaien, a mer eis alleguerter kuerz an einfach Prozedure wënschen. Dat ass net ëmmer méiglech, awer dacks. Mat dësem Pak huet d'Regierung schonn ee gudden Deel Aarbecht an deem Sënn geleescht. Et ass allerdings domadder net gedoen.

Déi administrativ Vereinfachung muss e kontinuéierleche Prozess sinn an e stännegt Uleies vun eis alleguerten. De Stat, seng Verwaltungen, d'Gemengen an och mir, d'Chamber, mussen regelméisseg eis Prozeduren a Fro stellen an ëmmer erëm probéieren, déi administrativ Belaaschtung vun de Bierger an de Betriber esou kleng wéi méiglech ze halen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Zemoos d'Digitaliséierung vun der Verwaltung gëtt eis do nei Méiglechkeeten, fir besser a méi séier kënne op d'Besoinen vun de Bierger ze reagéieren. Nach muss mer uechtginn, datt et net zu deem faméisen „digital gap“ kënnt, also dass e Lach entsteet tëscht deenen, déi connectéiert sinn, an deenen, déi et vläicht nach net sinn. Et ass also eng Erausforderung an eng Chance zugläich. De Minister hat och schonns op d'Efforten higewisen, déi vu senger Verwaltung an deem Sënn gemaach ginn. Vläch kann hien eis herno nach méi doriwwer zielen.

Mir schwätze jo gäre vun eise Standuertvirdeeler hei zu Lëtzebuerg. Ee Virdeel war ëmmer dee vun de kuerze Weeër. Mir wäer gutt beroden, derfir ze suergen, datt dat och an Zukunft esou bleift. Dofir ass dat heite Gesetz absolutt ze begrëssen.

Ech wëll natierlech net ophalen, ouni all de Membere vun der Kommissioun, dem Minister Kersch a senger Beamten e grouse Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech hu virdu vun deem breede Konsens geschwat. Dësen huet een all déi Méint, wou mer heirunner geschafft hunn, och gespuert. Ech fannen, dat soll ee roueg och eng Kéier ernimmen.

An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo den éischte Riedner, den Här Félix Eischen fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Merci, Här Président. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ee schlanke Stat, kuerz Weeër, séier Antworten, kuerz Prozeduren, Planungssecherheet, Transparenz an esou weider: Esou an nach anescht steet et iwwerall geschriwwen, esou gëtt et mat klarem Mënscheverstand verstanen, wann een haut iwwer Simplification administrative schwätzt. „Stat hëllef mir, maach mir mäi Liewe méi einfach an net onnëtz komplizéiert!“ Plus-valuen, déi esou batter néideg sinn an eiser Gesellschaft, déi sech engem wa méiglech gescheite Wuessstum verschriwwen huet, entstinn duerch Kreativitéit. An esou eng gëtt erméiglecht duerch eng gréisstméiglech vereinfacht Administratioun.

Dat ass näischt aneres an dat ass och d'Finalitéit, wann un engem Gesetz vun der Vereinfachung geschafft gëtt, esou wéi dat hei geschitt ass, a wou elo haut de Mëtteg dann enfin en Text fir d'Ofstëmmung virläit. Virewech soen ech dem Yves Cruchten am Numm vu menger Fraktioun e grouse Merci fir säi komplette schrëftlechen a mëndleche Rapport. An et ass net einfach, esou vill Technik, esou vill Technesch a verständleche Wieder eriwwezebréngen. Ech mengen, den Yves Cruchten huet dat ganz, ganz gutt gemaach.

De Projet vum sougenannten Omnibusgesetz huet also d'Zil, eng ganz Rëtsch vu Gesetzer punktuell ëmzënnere, fir d'Prozeduren administrativer Natur ze vereinfachen an ze moderniséieren. Et ass awer schonn e wéineg paradox; dat ass scho viru e puer Deeg an der Press gesot ginn: Dat Gesetz hei sollt jo u sech oder soll déi administrativ Weeër vereinfachen a méi séier maachen, an dach huet dee ganze Wee vun dësem Projet de loi dat net grad op déi allerbesten Aart a Weis illustriert. Et huet einfach extrem laang gedauert, bis dass et esou wäit war.



Déi aktuell Regierung ass och vläicht an dësem Dossier mat ze vill iwwerdrifwenem Optimismus drugangen. Mä bon, dat kann een hir awer elo net reprochéieren. Dat ass u sech jo eng positiv Approche. Mä dach huet se am Ufank awer zimlech hefteg op déi viregt Koalition geklappt, dass déi administrativ Vereinfachung net séier genuch gaange wier an dass se elo emol d'Brems géif eraushuelen a géif en Omnibus op eng TGV-Linn setzen. Okay, tipp-top, mir waren du gespaant.

Dee Schnellzuch ass dunn awer éischter zu engem Bummelzuch mutéiert an ass souguer och liicht vu senger Schinn ofkomm. Aus dem Omnibus sinn nämlech eng Rëtsch Elementer erausgeklommen. Ech kommen nach eng Kéier kuerz dorobber zrëck. Et si souguer Leit, déi hu gesot: „Et ass en Ovni-Bus. Dee schwieft esou an der Loft a mir wëssen net richtig, wat mer sollen domadder ufänken.“ Mä bon!

D'CSV wäert d'Gesetz awer matstëmmen. D'CSV wäert d'Gesetz matstëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Et geet eis hei nämlech ëm e ganz wichtege Aspekt vum alldäegleche Liewen, ëm déi administrativ Vereinfachung fir d'Bierger an d'Betribler. An all Schrëtt - all Schrëtt! -, deen eis an dësem Bestreewe virubréngt, ass e gudd Schrëtt, och wann dës Schrëtt net mat Siwemeilestiwwele geholl ginn.

Ee schlanken, transparenten, kommunikativ-frëndleche Stat ass e Must. De leschten Dezember hate mer am Kontext vun der Kompetitivitéitsdebat heibannen des Laangen an des Breen driwwer geschwat. En einfacht administratiiv Oflafen, dat si wichteg Puzzledeler an der Wettbewerbsfäegkeet vun engem Land. Wann d'Barrieren ze héich sinn, dann iwwerleeën d'Betribler sech dräimol, ob se sollen heihinner kommen oder ob se iwwerhaupt sollen hei bleiwen. All Betrib brauch Planungssécherheet. Ouni déi ass et schwéier. An d'Blannt eraschaffen ass Gëft fir de Wettbewerb. Et kascht Zäit an och ganz vill Suen.

Administrativ vereinfachen ass allerdéngs, wéi et de Minister Kersch iwwregens schonn zu Recht e puermol ënnerstrach huet, eng „never-ending story“ oder, wéi de Rapporteur dat och scho richtegerweis eng Kéier op der Antenn vu Radio Lëtzebuerg gesot huet, e kontinuéierleche Prozess, deen ni ofgeschloss ass, och net mat dësem Gesetz, well et kommen ëmmer méi Reglementatiounen, Direktiven an Op-lagen op d'Akteuren um Maart duer.

Do, wou ëmmer méi Leit op engem begrenzten Terrain beienee liewen, brauch een ebe méi Regeln. An do riskéiert de Reglementatiounsdschungel, esou grouss an onduerchsichteg ze ginn, dass een eben net méi gutt derduerchgesäit.

Op där anerer Säit mussen déi technesch Moyenen, an déi gëtt et jo, an där gëtt et der ëmmer méi, et erméiglechen, dës auszegläichen an dee ganze Prozess ze vereinfachen an iwwersiichtlech ze halen.

(**M. Henri Kox prend la présidence.**)

An dat ass jo eigentlech och den Zweck vun dësem Omnibusgesetz, wat eng ganz Rei vun Texter op hir Effizienz analyséiert huet, an op deene Plaze punktuell Ännerunge virschléit, déi et eben erméiglechen, dass et an der Realitéit net zu engem onnéidege Blocage kënn oder et ze laang dauert, sief dat am Kader vum PAG-Gesetz, dem Gemengegesetz, dem Logementsgesetz, dem Waassergesetz oder och nach diverse Reglementer, déi och sécherlech alleguer sengerzäit sënnavoll waren, mä awer déi eben der Zäit haut mussen ugepasst ginn.

De Prinzip vun der administrativer Vereinfachung ass awer net eréischt mat dësem Omnibusgesetz un d'Rulle komm, mä huet schonn eng relativ laang Virgeschicht. Vun 1995 un, dat wësst Der, hunn ënner anerem déi successiv Regierungen e ministerielle Ressort vun der Réforme administrative kritt an déi krut deementsprechend och hire wichtege Stellwäert an der Politik.

Hautdesdaags, wou de Stress am Alldag eng nei Dimensioun awer krut, wou jiddwereen d'Impressioun huet, et hätt een u sech ëmmer manner Zäit, fir dës oder dat ze maachen, ass et einfach wichteg ginn, dass een dem Bierger säin administratiiv Liewen esou einfach an esou séier wéi méiglech sollt gestalten, sief et dass e sech net ëmmer fir alles muss déplacéieren oder dass en net ëmmer muss wochen-oder souguer méintlaang op eng Décisioun waarden. Datselwecht gëllt selbstverständlech och am Intérêt vu klengen a mëttelständigen Entrepreneuren, déi och dacks net d'Moyenen hunn oder déi Marge och zur Verfügung hunn, sech domadder ze beschäftegen, respektiv och net d'Personal hunn oder keng Suen hunn, fir Personal ze bezuelen, fir sech hannert d'Pape-rasse mussen ze setzen.

Mir wäerten, Dir Dammen an Dir Hären, ganz sécher an eiser ugefroter Interpellatioun iwwert d'PMEn an den nächste Wochen dorobber zrëckkommen.

Viru gutt sechs Joer kruten d'Entrepreneuren an d'Bierger de Guichet virtuel offréiert, fir sämtlech Informatiounen einfach a bequem kënnen ze liesen an nosichen ze goen, Formularen an Demanden auszufüllen, Certificaten ze kréien; dat Ganzt am Partenariat mat LuxTrust. Et gouf méiglech, eng ganz Rëtsch offiziell Dokumenter ze digitaliséieren an domadder och ze dematerialiséieren.

Och sinn deemools d'Fiches d'évaluation d'impact agefouert ginn, déi systematesch bei de Gesetzesprojeten derbäi sinn, fir ënner anerem ze kontrolléieren, ob esou effikass, einfach an intelligent wéi méiglech nom Prinzip vum sougenannten „think small first“ e Gesetzesprojet redigéiert ginn ass oder och net.

A Saache Simplification administrative, Dir Dammen an Dir Hären, ass also scho villes gemaach ginn. An och dës Regierung féiert dës Efforten och mat dësem Gesetz wieder, wat mir selbstverständlech begrëssen a mat ënnerstëtzen, an awer och ëmmer erëm hannerfroen: Wou si mer drun? Wéi zum Beispill, dat ass haut de Mueren och um Radio schonn eng Kéier ugeklongen: Wéi ass et mat „Einfach Lëtzebuerg“?

Ech hat den Här Kersch scho virun e puer Wochen dorobber ugeschwat. Hien hat, wann ech mech do richtig erënneren, an engem Summerinterview 2016 während der grousser Vakanz vun deem Aktionsplang „Einfach Lëtzebuerg“ geschwat, deen am Hierscht 2016 sollt virgestallt ginn a wou a sämtliche Ministère Moossnamen ergraff sollte gi fir ee méi performanten, einfachen an och duerchsichteg Statsapparat zugonschte vun de Bierger an de Betribler.

Bon, mir sinn elo gläich am Fréijoer 2017, mir hoffen et weinstens, an da wär et net oninteressant ze wëssen, wou mer do dru wieren. Den Här Cruchten hat de Mueren iwwregens op „Radio Lëtzebuerg“ gesot: „Mir hoffen, dass dat an den nächste Wochen a Méint kënnt.“ Mir hoffen, dass et nach e bësselche méi séier geet, Här Kersch. Mä bon, herno kënnt Der jo vläicht dorobber agoen.

Bon, ech kommen dann awer elo, wann Der erlaabt, kuerz zrëck op eise Sujet, deen eis haut e bësselche méi beschäftigt. Am Joer 2012 hatten de fréieren Nohaltegekeetsminister Claude Wiseler an dee fréieren, esou wéi haut nach ëmmer aktuelle Wirtschaftsminister Etienne Schneider eng Etüd an Optrag ginn, fir ze kucken, a wéi enge Beräicher een administrativ Prozedure kéint virhuelen, fir dass d'Bierger an d'Betribler hiren Aktivitéiten an Aufgabe mat méiglechst wéineg Hürden an och méi séier an effikass nogoe kéinten.

Aus där Etüd sinn dann och eng ganz Partie vu Virschléi erauskomm, déi dunn am Mäerz 2013 mat der Ënnerschrëft vum Minister Schneider un de Statsminister Juncker verschéckt gi sinn. De Wirtschaftsminister hat an deem Brëif gesot, et wier un der Zäit, dass d'Regierung endlech de Courage géif weisen, fir d'Prozeduren ze vereinfachen an doduerch d'Wirtschaft ze redynamiséieren.

An deem Brëif vun am Ganzen 21 Säite ware vill Mesuren opgeluecht, haaptsächlech aus de Beräicher Ëmwelt an Intérieur. Dunn awer koumen d'Neiwahlen an den Dossier Omnibus hat e bësse Paus, mä et konnt een awer hoffen, dass déi Paus net ze laang géif daueren, well während der Wahlcampagne hate sech och d'Parteien am Fong favorabel an hire jeeweilege Programmen dozou ausgedréckt. A praktesch allegueren hate se sech zum Virsatz geholl, d'Omnibusgesetz weiderzeféieren.

Dobäi hat d'LSAP sech zum Beispill beklot, dass de fréiere Statsminister net séier genuch op déi konkret Verbesserungsvirschléi, déi sech also aus dem Brëif vum Minister Schneider erausgestallt haten, agaange wier. Och den...

(**Interruption par M. Etienne Schneider**)

Ech hunn lech net verstanen, Här Schneider.

(**Interruption par M. Etienne Schneider**)

Okay. Da kënnt Der dat jo herno preziséieren.

Och de grénge Kolleegen ass d'Reforme administrative net séier genuch virugaangen. Si haten allerdéngs eng aner Vue, wat d'Betribsgemeemegungen ugeet. Si soten an hirem Wahlprogramm, dass déi ökologesch Standards net ënnert dem Virwand vun der administrativer Vereinfachung geaffert däerfte ginn. Domadder hate si eng Partie vun de Mesurë viséiert, déi d'LSAP an hire Propositionen awer stoen hat.

D'DP hat an hirem Programm d'Landesplanungspolitik als verfeelt erkläert, well fir d'Entrepreneuren ëmmer nach een ze héijen an ze deieren administrativen Opwand do wier. Si hate

sech fir d'regional Guichet-uniqueen agesat. A mäi Kollege André Bauler hat dozou eng Fro un den Här Kersch gestallt; an der Séance vum November 2015 war dat. Den Här Kersch sot, et wär analyséiert ginn, esou wéi et och am Regierungsprogramm versprach gi war, mä d'Resultater wäeren éischter negativ an den Erfolleg bescheiden. Si hätte just dräi bis véier Demandé pro Dag gehat. Du war dat also ad acta geluecht ginn.

Am Regierungsprogramm vum Dezember 2013 stoung schliisslech schwaarz op wäiss, dass de Brëif vum Här Schneider d'Basis fir d'Aarbechte vun der interministerieller Mission, déi sech ëm d'Veereinfachungsprozedure soll këmmen, sollt sinn. D'CSV huet sech deem och guer net entgéintgesat. Et konnt also eng Kontinuitéit sinn.

Du koum de 16. Juli 2014. D'Gesetz gouf déposéiert. Viru méi wéi zwee an engem hallwe Joer ass et also an d'Chamber komm. Bon, fir dass d'Regierung opgetruede war an de Leit dobauss gesot huet, si géif elo aus deem Omnibus- en „TGVs-Gesetz“ maachen, an et géif elo ganz schnell goen, ass et trotzdeem, ech mengen, do musst Der mer recht ginn, eng relativ laang Zäit, bis dass et dann elo den 8. Februar 2017 gestëmmt gëtt.

Här Kersch, ech soen elo net, dass et Är Schold war.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Ech maache just... Awer Dir musst mech ausschwätze loosse!

(**Interruption**)

Ech hu jo elo net gesot: Et ass Är Schold. Ech hu just gesot: Et huet laang gedauert. A wann ee vun „TGV“ schwätzt, da soen d'Leit dobaussen: „Jo, dat geet awer elo schnell.“ A wann een da seet vum Juli 2014 bis Februar 2017 ass „TGV“... Ech weess net, bon.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Här Eischen, dierf ech eng Fro stellen?

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Jo, frot mech.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Ech sinn erfreet ze héieren, dass Der gesot hutt, et wär net d'Schold vun der Regierung gewiescht. Kënn Der der Chamber da vläicht soen, wien an Ären Ae schold dru war, dass et esou laang gedauert huet?

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Ech hu constatéiert, Här Kersch, dass et einfach laang gedauert huet. Virdrun ass den Här Cruchten am Detail drop agaangen, wourun et louch a wéi laang dass dru geschafft ginn ass an dass verschidden Avice vum Statsrot ebe méi laang gebraucht hunn aus x techneschen Ursaachen, gellt! Ech hu just elo constatéiert: Et huet laang gedauert. An dat kënnt Der mer elo net falsch maachen. Do kënnt Der lech dréien a kéieren, wéi Der wëllt. Sou!

► **M. Henri Kox, Président de séance.** - Sout, Här Eischen, Dir wennst lech erëm zrëck un d'Chamber. An dann ass et just den Här Eischen, deen da weiderfiert, wann ech gelift! An dat gëllt natierlech och fir d'Regierungsmemberen.

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Entschëllegt, Här President. Et war awer elo esou flott.

(**Hilarité**)

Gutt.

Den Här Kersch hat d'Omnibusgesetz, wéi gesot, séier versprach. Bon, et ass dann elo méi oder weëneger awer gelongen, dass et elo hei läit. Eis Regierung - an dat ass awer nach méi interessant - hat gesot, dass se awer elo nach vill méi wäit géif goe wéi déi viregt. Et ass gesot ginn: Dat soll alles vill méi wäit gräifen. Dat war fir eis dann awer éischter eng iwwerrasschend Ausso, nodeems mir den Text du bis virun Aen haten. Wat hu mir gesinn? Den déposéierte Gesetzesprojet vum zoustännege Minister war jo awer eng zimlech ofgeschpeckte Versioun vun den urspringlechen Iddien aus dem Brëif Schneider.

Fir d'CSV handelt et sech bei dësem Projet dann awer ëm eng méi liicht Versioun wéi déi, déi am Ufank ugeduecht war. Dat fanne mir perséinlech schued. Et hätt een hei effektiv méi wäit kënnen goen. De Statsrot huet a sengen éischten Avisen d'Virgabe vum Projet begréisst, mä en hat dann awer trotzdeem eng relativ kritesch Meenung zum Ganzen. Ouni elo wëllen an déi 15 formell Oppositionen anzegoen, just kuerz generell d'Appréciation hei: Déi héich Kierschaft hat sech schwéiergedoen, den Exposé des motifs ze verdauen, well en immens komplex war an et net einfach war, d'Zesammenhang vun deene verschiddene Kapiteln ze verstoen. Dofir hätt de Statsrot et virgezunn, wann hei separat Gesetzesprojete geschriwwen gi wieren, an déi dann duerno als Pa-

quet de réformes, wéi zum Beispill bei der Fonction publique, ze deponéieren.

De Rapporteur hat an engem Interview och gemengt, dass dat nach eventuell méi Zäit an Usproch geholl hätt, wéi et iwwerhaupt elo schonn de Fall war. Schwéier ze soen am Endeffekt, mä j'en passe.

Ech ginn och elo net an d'Detailer vun all den eenzelne Gesetzesännerungen an, well dës, dat ginn ech zou, vläicht net extrem spannend war, awer extrem technesch ass. An ech fannen och, dass de Rapporteur dat ganz gutt gemaach huet. Ech wëll awer kuerz op e puer Punkte séier agoen, déi mir wierklech däitlech am Projet begrëssen.

An ech wollt do deen een oder deen anere Punkt ervirhewen, zum Beispill am Gesetz vum Aménagement communal et développement urbain ginn déi meeschten Ännerunge virgeholl. Mir begrëssen an deem Kontext, dass d'Gemengen, déi e Service technique communal hunn, an Zukunft selwer e Projet de PAG, de PAP „quartier existant“ oder PAP „nouveau quartier“ kënnen erstellen, ouni mussen op en externe Service zrëckzegräifen. Dat ass sécher eng Vereinfachungsmoossnam fir d'Gemengen. Sécher kënnen och do hir eege Ressourcë méi effizient genotzt ginn. Et muss een allerdéngs och uechtginn an oppassen, dass d'Gemenge genuch qualifizéiert Personal hu fir déi Aufgaben. Dat ass net ëmmer evident.

De Rapport vun engem PAG gëtt an der Praxis als ganz..., als dacks ermiddend an iwwerdrifwe prezis empfongt. Dofir gesäit de Gesetzesprojet och vir, dass et ënnert dëser Form soll geännert ginn, woubäi haaptsächlech d'Fiche mat de strukturellen Donnéeën vun engem PAG sollt consultéiert ginn; och dat eng grouss Erliichterung. Dat fanne mer gutt.

An Zukunft soll de Projet de PAG da während 30 Deeg op der Internetsäit vun de Gemenge publizéiert ginn. Och do hat de Rapporteur sech derzou ausgeloo. Dat ass sécher ze begrëssen.

Am Kontext vun engem PAP „nouveau quartier“ gëtt de Kritär vun engem Hektar bebaubaren Terrain fir sougenannte Logements à coût modéré duerch en neie Kritär ersat. An dat ass och ze begrëssen. An zwar mussen an Zukunft 10% vun der Bebauungsfläch fir déi Logementervirgesi ginn. Dat mécht dat Ganzt besser a kloer moossbar, an dréit och sécher der Logementspolitik Rechnung. Dat heescht, mir kréie méi Unitéiten à coût modéré an de Projet.

Iwwregens ass dat doten och eng Mesure, déi vun de Leit aus der CSV an der Kommissioun proposéiert ginn ass. Bei där Geleeënheet wëll ech awer och hei ënnersträichen, dass d'Zesummeschaffen an der Kommissioun un dësem Text ganz gutt war a parteiwwergräifend exemplaresch.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Dat soll een och emol eng Kéier esou soen.

Den Délai vun den Avisen an der Cellule d'évaluation, dat berodend Organ an der Commission d'aménagement fir d'PAPen, gëtt vun dräi op ee Mount verkierzt. Ech ginn lech do recht, Här Cruchten, dat gëtt warscheinlech zimlech sportlech - à voir! Loosse mer hoffen, dass et klappt!

Am Ëmweltschutzgesetz gëtt den Artikel 5 geännert, fir d'Geneemegung vum Ëmweltministère ofzeschaffen, wann een op manner wéi 30 Meter vun engem Bësch vu méi wéi engem Hektar oder enger Baach wëllt bauen. Och dës Disposition ass also iwwerflësseg ginn. Fir eis, wéi gesot, eng gutt Saach.

Da ginn, och wéi de Rapporteur dat flott erwäant huet, ganz al groussherzoglech Arrêtéen aus de Jore 1915 respektiv 1939 ofgeschafft, déi sécherlech, an ech mengen, dat kënne mer hei mat zwou Hänn ënnersträichen, net méi zäitgeméiss sinn. Do gitt Der mer sécher recht.

Et sinn, wéi gesot, dës just e puer Beispiller, déi op eis Zoustëmmung treffen. Mir wäerten, wéi gesot, de Gesetzesprojet matstëmmen, mä e geet eis awer net wäit genuch. Deen Text, deen eis hei virläit, entsprécht net méi deene sëlliche Virschléi, déi aus dem 21-Säite-Brëif vum Minister Schneider opgeléscht gi waren. Zum Beispill steet net méi ganz vill aus dem Environnement dran. Wat ass mat deenen Elementer geschitt, déi eis an eis net eleng awer esou fundamental geschéngt hunn?

Den Här Schneider hat am Joer 2013 nach gesot respektiv geschriwwen, dass d'Legislatioun am Beräich vum Ëmweltschutzgesetz eng vun de gréisste Bremsen fir d'Wirtschaftswelt wär.



D'Bierger an d'Betribler géifen net genuch informéiert ginn, se missten ze laang op Décisiounen waarden a géifen heiansdo guer keng Äntwert vun der Verwaltung kréien.

Den Här Schneider hat den Artikel 17 zitéiert, wou dat aktuellt Gesetz keen Ënnerscheid tëscht engem Biotop an engem Perimeter, wann do sollen Ëmännerunge kommen, a baussent engem Perimeter mécht. Well dorënner och d'Zones d'activités économiques falen, féiert dat zu onméigleche Situatiounen. Allerdéngs war den Här Schneider der Meinung, dass den Ëmweltminister just nach an der Zone verte sollt kënnen intervenéieren.

Dat fanne mer net méi erëm. Eiser Meinung no ass do bei deene grénge Kolleegen déi rout Luucht ugaangen. Op jidde Fall fanne mer et am aktuellen Text net méi erëm.

Eng aner Fuerderung war déi...

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Här Eischen, erlaabt Der eng Fro vum Här Schneider?

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Ech erlaben et.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Här Eischen, ech wëll lech just soen, zu deem Brëif, deem Der do dauernd vum Här Schneider zitéiert, stinn ech. A wär ech an där viregter Regierung eleng gewiescht, fir dat ze decidéieren, dann hätt ech dat doten alles decidéiert. An och an der aktueller Regierung sinn ech leider net eleng maassgeblech, fir déi Saachen do all ze decidéieren. Dofir ass eben net alles an deem Gesetz, wat ech mer gewünscht hätt als Wirtschaftsminister. Dofir kënnt Der lech déi Méi spueren, dat ëmmer erëm ze ernimmen.

Mä Dir wësst, wéi dat ass, wann ee muss mat anere Kolleegen eens ginn. Jiddwereen huet seng Ressorten ze verteidegen. Ech sinn nach ëmmer der Meinung vun deem, wat an deem Brëif do steet, mä hu mech dann net an all deene Punkten duerchgesat vis-à-vis vun de Kolleegen, dat sougutt an der Regierung virdrun wéi an där heiter Regierung. Domat, mengen ech, hätt ech lech op Är Argumenter geäntwert.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- An domadder gi mer dem Här Eischen erëm d'Wuert.

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Merci, Här President. Mir hate virun enger Zäit vun engem Knéifall geschwat virun de grénge Kolleegen. Da kann ech also elo constatéieren, dass dat dann net esou ganz falsch war. Mä bon, bref, dont acte. Ech hunn awer elo zur Kenntnis geholl, wat Der elo hei gesot hutt.

Mä trotzdem, mir bemängelen awer, dass et net drasteet! An ech mengen, dat ass eist gutt Recht dorobber hinzeweisen. A mir hoffen, dass d'Regierung nach eng kéier dorobber zrëckkënn.

Ënner anerem war eng Suerg vun lech, an Dir hutt dee Brëif geschriwwen, an dee liest ee jo och mat engem gewëssenen Interessi, an da muss een nach eng kéier drop zrëckkommen a soen, dass do Saache keen Nidderschlag kritt hunn an engem Gesetz, dat sech ursprénglech op dee Brëif baséiert huet. A wa mer do Saachen net dran erëmfannen, deet eis dat leed.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Mat Ärer Partei war et och net méiglech.

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Jo, bon. Kommt, mir schwätzen, wat elo haut ass!

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Äre Brëif war dach nëmmen en ofgespeckte Résumé vun enger Etüd, déi den Här Wiseler maache gelooss hat.

(Interruptions)

Firwat war Äre Brëif dann en ofgespeckte Résumé?

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Also, Här Schneider, vu wéini datéiert dee Brëif, deem Dir anscheinend geschriwwen hutt? An Dir wësst jo och d'Origin vum där ganzer Geschicht!

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Här Wiseler, wann Der eppes wëllt soen, da frot d'Wuert!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mä ech hätt och gären, dass Der der Regierung datselwecht géift soen, wann Der mech hei interpelléiert.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Ech hunn dat scho virdu gesot: Et ass elo just nach een, deem d'Wuert huet, dat ass den Här Eischen. Wann ech gelift, fuert weider mat Ärer Intervention! Wann ech gelift, elo just nach den Här Eischen, an duerno kënnt Der gären nach eng kéier eng Fro stellen. Et ass um Här Eischen. Wann ech gelift! Merci.

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Eng aner Suerg vum Wirtschaftsminister waren déi sougenannten Zones protégées d'intérêt national, déi per Règlement deklaréiert goufen. Hei kéim et des Èftere vir, dass elektresch Leitungen, Transportinfrastrukturen oder aner Konstruktiounen, déi der Allgemengheet déngen sollen, onnéideg blockéiert ginn. D'Gesetz sollt hei dës Zort vu Konstruktiounen accordéiere kënnen. Dat gëtt och net am Kontext vum Projet Omnibusgesetz geregelt. An ech wëll och ënnersträichen, dass mir dat bedauern!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Dir waart och do net derfir.

(Brouhaha)

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Nach e lescht Beispill, wat ech gäre wollt ervirsträichen, ass awer dat mat der Validitéitsdauer vun de Geneemegungen. Dat aktuellt Ëmweltschutzgesetz gesäit effektiv vir, dass eng Geneemegung ongëlteg gëtt, wa se bannent zwee Joer net opgebraucht ginn ass. Dat ass esou deemools gemaach ginn. Et hat sécherlech och seng Grënn, mä an der Praxis gesäit et nun awer emol esou aus, dass een dacks muss och op aner Autorisatiounen waarden. A wann et da souwäit ass, ass déi eng schonn net méi gëlteg, well d'Frist an der Tëschenzäit ofgelaf ass. Hei hutt Der deemools... oder hei huet den Här Schneider deemools gemengt, dass d'Gesetz misst eng Verlängerung virgesinn oder souguer eng méi laang Gëltegkeetsdauer.

D'Omnibusgesetz gesäit hei awer vir, dass iwwer eng schrëftlech motivéiert Demande eng Verlängerung kann ugefrot ginn. Doropshi kann de Minister zwou Verlängerunge fir all kéiers maximal ee Joer accordéieren. Ob dat elo dem fréieren oder dem aktuelle Wirtschaftsminister Schneider senger Fuerderung gerecht gëtt, bezweifele mer. Ausserdeem riskéiert dës zousätzlechen administrativen Opwand. Also, ob een hei elo vun administrativer Vereinfachung ka schwätzen, sief emol dohinnergestallt.

Bref, vun all dese Beispiller, vun all dese gutt gemengte Virschléi, déi jo net einfach esou an engem schwache Moment néiergeschriwwen goufen, ass also, wéi gesot, am neie Gesetz näischt méi oder net méi vill ze fannen. Déi Elementer, déi ech elo opgezielt hunn, sollen awer elo am Kader vum Gesetzesprojet 7082 iwwert d'Ëmweltschutzgesetz, wat an der zoustänneger Kommissioun jo behandelt gëtt oder do läit an da behandelt gëtt, drakommen.

Bon, elo gëtt och gesot, dat kéim. Bis elo läit et net hei. An dat, wat mer feststellen, dat, wat mer och e bësse schued fannen an deem Ganzen, dat ass, dass d'Regierung u sech elo mat zwou Vitessë schafft. Et gëtt mat zwou Vitessë geschafft. Do gesi mer eng Kontradiktion, well d'Omnibusgesetz mat enger gewëssener Urgence traitéiert sollt ginn, fir esou séier wéi méiglech duerch d'Prozedur kënnen ze goen an dann och a Kraaft ze trieden. An dofir och meng Remarque vu virdrun, dass mer der Meinung sinn, dass awer den ausgebremsten TGV e bësse vun der Schinn ofkomm ass.

Als CSV hoffe mer dann zumindest, dass dat dann net nach wäert Wochen oder Méint laang daueren, bis och dës Mesuren endlech kënnen a Kraaft trieden. Menges Wëssens ass dat Naturschutzgesetz am August 2016 déposéiert ginn. Weider vill Avis sinn do nach net do. Also gi mer dervun aus, dass dat dann awer och nach e bësse kann daueren.

Mir bleiwen also derbäi, dass dese Projet eis, esou wéi en hei virläit, net wäit genuch geet. Et ass also an eisen Aen och net richtig, wann de Minister nach virun engem Joer gesot huet, dass elo dës Regierung méi wäit géif goe wéi déi viregt Regierung. Dat ass net wouer! Dat war e bëssen de Leit Sand an d'Ae gestreet.

Dat, wat awer elo hei am Projet steet, dat, wat elo hei netto dran ass, dat kann d'CSV ënnerstëtzen. Meng Partei hat während der Analys vum éischte relativ katastrophalen Avis vum Statsrot ganz vill Suggestiounen gemaach, déi beim Minister an och an der Majoritéit op oppen Ouere gestouss sinn. An hien ass eis och do vill entgéintkomm. Dat soll ee soen.

Och, net nëmmen, mä och aus dese Grënn an och well mer konstruktiv wëllen a Saachen administrativ Vereinfachung matschaffen, stëmme mir dese Projet mat, an der Hoffnung, dass dës net dee leschte vun de wichtige Schrëtt ass a Richtung vun enger nach méi konsequenter Simplification.

Ech soen och all deene Leit Merci, déi un dësem techneschen Dossier matgewierkt hunn. An ech soen lech heibannen datselwecht fir d'Nolauschteren.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Här Eischen, erlaabt Der nach eng Fro vum Här Wirtschaftsminister...

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Selbstverständlech.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- ...oder huet sech dat eriwweert?

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Här Eischen, ech wëll lech just nach eng kéier drop hiweisen. Wann Der hei Saache gesot hutt, déi a mengem Brëif stoungen an elo leider, wéi Dir da sot, net am Gesetz sinn, a wou Der bedauert, dass d'Gesetz net méi wäit geet, wëll ech lech nach eng kéier soen: Dir hutt ee konkret Beispill gesot, wa mer zum Beispill Stroumleitung leen, dass mer net méi müssen all déi Autorisatiounen hunn, déi mer haut müssen hunn. Da wëll ech lech soen: Dat ass net dran, well dat och an der Virgängerregierung net gaangen ass. Och do war Ären Ëmweltminister an Ären MDDIs-Minister net en faveur, fir dat doten ze maachen. Ech wëll dat... An och den Intérieur...

(Interruption)

Neen, och den Intérieur war net en faveur.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Esou geet et awer elo net!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- An do gëtt et... Da lauschtert, loosst mech ausschwätzen!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jo, neen, mä...

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Mir maachen hei eng Fro, eng konkret Fro un den Här Eischen.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Ech wëll just hei soen, Här Eischen,...

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Eng konkret Fro.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- ...fir d'Saach konkret ze soen: Mir hunn an der viregter Regierung leider näischt hikritt, wat dat doten ugeet. An an där heiter Regierung no sechs Méint - no sechs Méint! -, wou déi Regierung am Amt war, huet den Dan Kersch als Innenminister dee ganze Projet op den Instanzewee bruecht. Dass en hänke bliwwen ass am Statsrot eng Éiwegkeet,...

(Interruption par Mme Octavie Modert)

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- ...dofir kann d'Regierung net. Mä Dir kënnt awer elo net behapten oder esou maachen, wéi wann ënner enger CSV-geführter Regierung dee Projet méi wäit gaange wär, well dat ass net de Fall. Mir sinn iwwerhaapt néierens ukomm an der viregter Regierung. An déi hei Regierung huet de Maximum gemaach, dee se ka maachen. An och wann de Wirtschaftsminister sech vun e puer Saache gewünscht hätt, dass déi méi wäit ginn,...

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Just konkret Froen, wann ech gelift.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- ...ass dat leider an enger Koalitioun net ëmmer méiglech. An dat wësst Dir esou gutt wéi ech.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Bref, Dir hat an der viregter Regierung näischt ze soen.

► **Une voix**.- D'Madamm Modert wollt sech nach aschreiw, fir d'Wuert ze kréien.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Eng konkret Fro vun Ärer Partei.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Also, dat do war awer keng konkret Fro, Här President!

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Dir dierft eng Fro stellen.

► **Une voix**.- Dat do ass e Fait personnel.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Dann dréit se esou, dass et als Fro gestallt gëtt, wann ech gelift!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Also, et ass gutt, Här President. Ech froe mech, ob dat, wat...

(Hilarité et brouhaha)

...de Minister elo hei gesot huet, an deem Sënn esou stëmmt, well et ass awer kloer, dass déi viregt Regierung en Accord mat der UEL ausgeschafft hat an där leschter Zäit, wou eng ganz Rei Saachen drastoungen, déi net an dësen Text iwwerholl gi sinn. Leider war an der viregter Regierung keng Zäit méi, fir deen Accord ëmzesetzen. D'ailleurs waart Dir an de Reunione vun der viregter Regierung, wéi deen Accord ausgehandelt gouf, mengen ech, net präsent. Dofir wësst Der vläicht net alles, wat mer do ausgehandelt hunn.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Ech war net invitéiert.

(Brouhaha)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech mengen, Dir waart invitéiert, Här Minister.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Dir waart an der Vakanz.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- An ech hu mer och elo selwer d'Äntwert op meng Fro ginn, Här President.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Merci elo fir déi Explikatiounen. An domadder soen ech dem Här Eischen och Merci. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass de Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech denken an ech sinn der Meinung, dass et de Bierger dobaussen interesséiert, wéi mer am Dossier Simplification weiderkommen a wat fir eng Simplification administrative dass mer maachen, dat am Interessi vun de Leit, vun de Verwaltungen an de Ministère, an dass ee sech soll eens ginn, wéi een dat Ganzt mécht.

An dann ass et kloer, wann ee verschidde Parteen huet, kann een natierlech och heihinnerkommen a soen: „Dat steet an deem sengem Wahlprogramm, dat steet an deem sengem Wahlprogramm, deen do steet dofir an deen do steet dofir“; et muss ee kucken, dass een ee Konsens kritt. An de Konsens soll dee sinn, an dat mierken ech awer, dass mer hei an deem Dossier, wou mer mierken, dass mer net weiderkommen, ee Konsens, een administrative Konsens solle kréien. An do, wou mer gesinn, dass d'Gesetz oder Reglementer obsolet sinn, solle mer déi dann einfach der Wierklechkeet upassen. Dat ass dat, wat mir ënner Simplification administrative verstinn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech kann aus perséinlecher Erfahrung soen, dass, wann een... D'Stad Dikrech ass amgaangen, eng Zone industrielle ze maachen. A wann een dann herno kuckt, no fënnf Joer, sechs Joer, mat wat fir enge Reglementatiounen ee sech huet misse ronderëmklappen - natierlech sinn déi Reglementer och am Interêt vun de Bierger! -, do muss ee sech awer heiansdo d'Fro stellen, wann ee wëllt eppes installéieren an organiséieren, dass een dat vläicht mat enger Simplification administrative bei verschiddene Ministère, Administratiounen, déi all hir Berechtigung hunn, sollt koordinéieren, fir dass een am Dossier besser weiderkënn. Ech denken, do hu mer allegueren ee Konsens, wann ech lech hei esou nogelauscht hunn.

Ech géif awer gär vun der Geleeeenheet profitéieren natierlech, fir dem Deputéierten Yves Cruchten Merci ze soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mündleche Rapport. Hien ass op all déi technesch Detailler an deem neien Omnibusgesetz aangaangen, soudatt ech dat net méi wäert maachen.

Ech wäert dat awer belichten aus der Siicht haaptsächlech vun de Gemengen.

Ech denken, mir schwätze schonn zënter Joren dovun, wéi wichteg et ass, dësen Exercice ze maachen, fir d'Gesetzer besser ofzestëmme. An als LSAP si mer frou, dass den Innenminister Dan Kersch esou schnell de Projet de loi virgeluecht huet. Do kann een ëmmer driwwer diskutéieren, et hätt een nach méi Saache missen dramaachen oder verschidde Reglementer aneschtens maachen. Fakt ass, dass mer op dee Wee ginn, dass d'Regierung op dee Wee gaangen ass, an dat begrësse mer.

Dofir, trotz där langer Prozedur, wann ech da gesinn, dass fir den Avis ze kréie vum Statsrot an deenen 30 Méint ronn 20 Méint gebraucht gi sinn, dann ass dat och net, fir eng Kritik um Statsrot unzebréngen! Dat ass ganz einfach, dass ee gesäit, dass hei entre-temps, wou dee Projet de loi déposéiert ginn ass, aner Gesetzer, aner Reglementer, aner Règlements grand-ducaux geholl gi sinn, déi natierlech eng Influenz op dat heite Gesetz vun der Simplification administrative haten, an dass jiddweree sech huet missen domadder auserneesetzen, fir dass herno kee Formfeeler doläit. A mir wëssen allegueren, dass dat de kranke Punkt ass vun enger Simplification administrative. Et ass also e Gesetz, dat mer haut ofstëmme, op dat mer scho laang gewaart hunn.

Fir den Duerchschnëttsbierger sinn d'Virdeeler vun deene verännerte Bestëmmunge vläicht net esou kloer, mä all Gemengeverantwortlech sinn op jidde Fall frou, wann eng Rei Prozedure méi einfach gemaach ginn oder ganz einfach nëmme méi kloer gemaach ginn. Zu engem gudden Deel baséiert dese Gesetzesprojet also op deenen Erfahrungen, déi um kommunale Plang och gemaach gi sinn an déi an der Kommissioun och diskutéiert gi sinn, fir eben déi Simplificatioun an deem Domän ze kréien.

Et seet een ëmmer, an dat ass schonn hei vun de Virriedner, souwuel vun Rapporteur wéi och vum Här Eischen gesot ginn, Lëtzebuerg wier d'Land vun de kuerze Weeër. Mir stellen awer regelméisseg fest, dass dës Weeër voller Hürde sinn. An d'Zil vun enger Simplification administrative ass et einfach, fir déi onnéideg Hürden, déi administrativ Bremsen erëm aus de Gesetzer erauszekréien.



Ech muss lech awer soen, dass mer eis allegueren ëmmer derbäi ertappen, wa mer an de Kommissiounen sëtzen, fir Reglementatiounen anzeféieren an ze verschäerfen. Dat heescht, och do mussen mer dann am Konsens mat anere Gesetzer, anere Reglementer kucken, fir schonn an der Entstehungsphas vun engem Projet de loi vläicht dorunner ze denken, wéi een dat kéint besser koordinéieren. Dat kann ee maachen iwwer Commission-jointen. Nach muss et esou sinn, dass déi Commission-jointen dann esou organiséiert ginn, dass se dann all Kéiers an deem Projet de loi déi Verwaltungen oder déi Dossieren déi Ministère betreffen, déi en cours de route sinn.

Also och do, denken ech, ass eng gutt Koordinatioun erwünscht, fir dës le départ eng besser Koordinatioun vun der Entstehung vun engem Gesetz, notament am Kader vun engem Projet de loi schonn esou ze koordinéieren, dass mer herno keng administrativ Hürden abauen, well deen ee mengt, dat wier gutt, an deen anere seet dann: „Ma dat do war e bëssen onnéideg, dass huele mer dann erëm eraus.“ An dann hu mer keng Simplification administrative geschaaft, dann hu mer nämlech de Contraire geschaaft.

Kollegeninnen a Kollegen, de staarke Wuessum hei zu Lëtzebuerg zwingt eis natierlech och, méi rationell mat eise Ressourcen ëmzegoen a besser ze plangen. Dat war notament d'Ausgangsbasis fir den IVL-Rapport vun 2004 an och fir d'Gesetz iwwert den Aménagement communal, dat am selwechte Joer a Kraaft getrueden ass. Parallell dozou koumen eng Rei - an da gesitt Der, vu wat dass ech schwätzen - EU-Direktiven an de Beräicher Naturschutz, Waasserschutz, an déi sinn an déiselwecht Richtung gaangen an déi hu mer eng no där anerer ëmgesat.

D'Eraufuerderung besteet also doranner, all dës Bestëmmungen esou mateneen ofzegläichen, dass een ouni ze vill Bürokratie déi ënnerschiddlech Interessien, déi an deenen Dossiere sinn, respektéiert. Zum Deel huet dat awer och dozou gefouert, dass mer eis selwer blockéiert hunn a mer Schwieregkeeten hunn, eis Infrastruktur am selwechten Tempo unzepassen, wéi eist Land wüsst. Dat heiten ass deen éischten Ulaaf, fir ebe mat engem Gesetz dat ze verbesseren. Dass geschitt heimadder op jidde Fall.

D'Commission d'aménagement an d'Cellule d'évaluation gi ganz einfach opgestockt, wat hinnen erlabe wäert, d'Dossiere méi schnell ze traitéieren. Vun der Zäitperiod ass scho geschwat ginn. Opgrond vun den Erfahrungen, déi gemaach goufen, ginn eenzel Dispositiounen preziséiert. Et soll keng onnëtz Zäit verluer goen, well wéinst enger ondäitlecher Formulatioun zum Beispill am Gesetz Prozedurfeeler kéinten optauchen.

D'Gemenge sollen awer och entlaascht ginn. Ech mengen, dass ass och e wichtige Message heimat, wann et ëm d'Ausschaff vum Etude geet. Se brauchen an Zukunft, wa se dat wëllen, net méi alles auszulageren an een externe Büro ze engagéieren. Wa se en eegene Service hu mat qualifizéierter Leit, kënnen se eng Rei Saachen och selwer maachen, wat sécher Zäit a Geld spuert. Dat hânt natierlech och vun der Gréisst vun de Gemengen of an dovunner, wéi d'Gemenge sech selwer wëllen organiséieren.

Eng Erliichterung ass sécher och déi manner ëmfangräich Etude préparatoire, déi muss gemaach ginn, wann een en neie PAG wëllt ausschaffen. Et huet sech gewisen, dass de Volume vun deenen Etüden immens grouss ass, an dass d'Gemengen do vill Zäit opwinnen, e grouss Käschtepunkt hunn. An d'Plus-value steet net onbedéngt a Relatioun dozou, soudatt et misst méiglech sinn, datselwecht Zil mat manner Opwand ze erreechen. Mir als LSAP begrëssen op jidde Fall dës Emännerungen.

Vu verschiddene Säite gëtt natierlech an deem dote Kontext, wann ee vu Simplification administrative schwätzt, gefaart, dass domat d'Biergerbedelegung kéint ageschränkt ginn, well an Zukunft d'Bierger manner Informatiounen kriterien. Mir mengen awer, dass den Notzen, deen de Bierger vun esou Etüden huet, sech op jidde Fall net un der Säitenzuel moosse léisst. Au contraire! Heiansdo ass et fir de Bierger mat engem ganz ëmfangräichen an detailléierten Dossier méi schwéier, mä fir de Bierger ass et méi einfach, wann en eng kuerz Analys huet, déi déi wesentlech Elementer, deen en interesséiert, enthält.

Fir eis ass et als LSAP ganz wichtig, dass de Bierger gutt informéiert gëtt iwwer all Projeten a Pläng, déi direkt oder indirekt dem Bierger seng Liewensqualitéit beaflossen, an dass se d'Geleeënheet kréien, hir Iddien a Remarque mat anzubringen. Ech erënnere drun, dass mer eis 2005 mat der Ratifizéierung vun der Aarbechtskonventioun bewosst an dësem Sënn verpflichtet hunn.

Dës Biergerbedelegung mécht noutwendegerweis d'Prozeduren e bësse méi laang. Dat

heescht net, dass d'Prozeduren sollen endlos an d'Längt gezu ginn. Dass heescht dass menger Meinung no op jidde Fall net. Mir müssen do een effiziente Wee fannen. An dat si mer amgaangen ze maachen, fir all wichteg Aspekter am Kader vun engem Projet ze berücksichtigen. Dozou gehéiert och, dass d'Bierger mat hire Bedenken eescht geholl ginn.

E positive Schrëtt an déi Richtung ass sécher, dass d'Omnibusgesetz virschreift, dass eng ganz Rei wichteg Dokumenter müssen op der Websäit oder op der Internetsäit vun hirer Gemeng publizéiert ginn. Déi traditionell Veröffentlichungsmechanismen a -methoden, wéi d'Publikatioun an -mengen ech - véier Tageszeitungen ass et, an och d'Dokumenter, déi bei der Gemeng ausleien, bleiwe weiderhi bestoen. Mä et muss ee sech, oder de Bierger muss sech net méi extra zu Bürosstonden op d'Gemeng déplacéieren, fir en Dossier kennen anzegesein.

Mir maache mat dësem Gesetz also endlech e Schrëtt no vir. Mir sollten eis awer näischt virmaachen: Och dass ass schonn ugeklongen, dass et domadder net gedoen ass! De Rapporteur huet dat gesot: Dass hei muss ee kontinuéierlechen Exercice sinn, wou mer ëmmer müssen iwwerpräiwen, a wat fir eng Richtung dass mer déi Simplification administrative driiwen. Op jidde Fall mussen mer se ëmmer virundriiwen.

Lëtzebuerg, an dat ass de kruziale Punkt, wäert och weiderhi wuessen. Mir kréie méi Awunner, schafe méi Aarbechtsplazen. Mir wäerten also an deenen nächste Joren, Jorzéngte missen nei Lotissementer, Stroossen, Schinnennetzer ausbauen, d'Kläranlage wäerte vergréissert ginn, Plaz fir Industrie a Commerce mussen mer schafen. Also wäerte mer vill Aarbecht virun eis hunn, déi natierlech och d'administrativ Prozeduren vläicht net verklengert, mä mir mussen se op jidde Fall vereinfachen.

D'Interessenskonflikter tëschent all deenen Aktivitéiten an deen néidege Schutz vun eise Gewässer, Naturlandschaften, der Biodiversitéit wäerten net ofhuelen, mä sech éischter verschäerfen. Mir brauchen deemno, wéi gesot, effikass Mechanismen, fir déi Interessenskonflikter opzeléien op eng Manéier, déi eis Entwécklung méi nohalte mécht.

Fir d'Chamber bedeit dat, dass et, an dat ass gesot ginn, net fir d'Lescht ass, dass mer eis mat deene Gesetzer, déi elo mam Omnibusgesetz schonn ugefaangen hunn, och wäerte misse beschäftegen. E puer Projet-de-loien an deem Sënn sinn och schonn um Instanzewee; si betreffen den Aménagement du territoire, d'Naturschutzgesetz an d'Waasserschutzgesetz.

E wichtige Punkt, denken ech, ass, dass mer eng Koordinatioun mussen kréien um Niveau vun de Projeten tëschent de staatleche Verwaltungen an de Ministère an haaptsächlech de Gemengen. Dass muss weidergedriwwen ginn an dëst am Sënn vun der Informatioun an der Planung vun alle Concernéierten.

Den Timing an d'Ausféierung vun Infrastruktur-aarbechten, an dee Projet de loi vu virun huet et gewisen iwwert den haut Débit, wou de Rapporteur selwer gesot huet, dass déi Aarbechte mussen koordinéiert ginn. Wann zum Beispill e Kommunikatiounsréseau geluecht gëtt, muss do natierlech tëschent de Verwaltungen an de Gemengen déi Informatioun ausgetosch ginn.

Dëse Projet de loi erlaabt et, d'Délaie vun de Prozeduren erofzesetzen an de Käschtepunkt vun den Dossier an deem Sënn och ze minimiséieren. Mir sinn haut am Zäitalter vun der Informatik an der Digitalisatioun a mir sollten d'Stärkte vun dësen Technologien ausnotzen, dëst am Sënn vun de Bierger, de Gemengenadministratiounen an de Ministère. Mir kënnen haut eng Etapp op deem laange Wee ofschléissen.

An domadder ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Haagen. An als Nächsten huet den Här Gusty Graas fir d'DP d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Monster vu Loch Ness, dat jo zënter 1930 Nessie genannt gëtt, ass scho ganz vill geschwat ginn. Et sinn der, déi behaupten, se hätten et scho gesinn, mä keen huet nach bis elo awer e Bewäis bruecht. - Firwat soen ech dat? Mä ganz einfach, well de fréieren CGFP-Generalsekretär Jos Daleiden, wann e vun der Simplification administrative geschwat huet, dann huet en déi ëmmer mam Monster vu Loch Ness verglach. An do war eng Wourecht drun!

Et ass immens vill ëmmer iwwert déi geschwat ginn, mä keen huet se iergendwéi richtig ze

pake kritt. An dat mannst, wat ee ka jiddefalls soen, dass an deene leschte Jorzéngten d'Simplification administrative en Dauerbegrëff vun der Lëtzeburger Politik ass. Et ass ëmmer erëm versicht ginn, ëmmer erëm, wann eng nei Regierung an d'Land komm ass, fir eng Entstëbung virzehuele vun eise Reglementen an eise Gesetzesdschungel. Et ass awer meeschtens nëmme bei Usätz bliwwen an et huet een oft gewaart op e Gesamtkonzept.

Ech wëll och drun erënnere, dass zum Beispill am Oktober 2007 hei an der Chamber och eng animéiert Debatt war iwwer e sougenannten „Entfesselungsprogramm“ fir eis Betriber. Et muss een haut feststellen, dass awer nach ëmmer vill Fesselen dorëmmer bestinn, an dass mer endlech awer mussen Neel mat Käpp maachen, fir, wéi gesot, déi Fesselen dann och do ze léisen.

„Fréier war d'Simplification administrative Chefsaach, elo gëtt se Tatsaach.“ Dass ass eng Ausso vum Statsminister Xavier Bettel geleeentlech senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun am Joer 2016. Dass stëmmt. Effektiv huet sech vun do u villen geännert. A wann och hei versicht ginn ass, elo drop hinzeweisen, dass ënnert deene leschte Regierungen, virun allem der leschter Regierung och villen an d'Wee geleet ginn ass, dann ass dat net ganz falsch. Mä Tatsaach ass awer, dass dës Kéier emol wierklech e Gesetzesprojet hei virgeluecht gëtt, wou wéi gesot dann net manner wéi eelef Gesetzer modifizéiert ginn an zwee Arrêté-grand-ducalen ofgeschaaft ginn.

Dann ass och schonn hei den Aktionsplang „Einfach Lëtzebuerg“ genannt ginn. Deen ass u sech och op de Schinnen. A mir sinn natierlech och do gespaant, wéi deen an Zukunft sech elo wäert entwéckelen.

Wa mer wëllen natierlech e modernt Land bleiwen - an ech gleewe jo net, dass een dat net wëllt -, dann ass et evident, dass mer nach wéi vor müssen immens Efforte maachen, fir eng adaptéiert Gesetzgebung ze schafen. Mir müssen oppene Geescht beweisen. Mir mussen weiderhin déi Dieren, déi mer no baussen opstoussen, och grouss ophalen. Et si ganz vill Leit, déi op Lëtzebuerg kommen. Et si ganz vill Leit, déi heihinner investéieren kommen.

A firwat komme se? Virun allem awer och, well se dach gréisstendeels eng Gesetzgebung virfannen, déi an der Regel net ze vill komplizéiert ass. An eis Ekonomie kann och nëmme floréieren, kann och nëmme sech besser entwéckelen, wa wéi gesot d'administrativ Weeër kuerz sinn. Duerfir ass et och wichtig, dass regelméisseg eng Radiografie vun der besteender Gesetzgebung hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt.

Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, et ass virun hei schonn ugeklongen, den 21. Mee 2015 hu mer schonn en éischte Volet vun deem Gesetz hei ëmgesat. Et war jo proposéiert ginn, fir dat ze scindéieren. Dass war och richtig esou. Et geet jo schlussendlech hei ëm d'PAGe vun de Gemengen. Mir wëssen horgeenee, dass déi Délaie, déi ursprénglech fixéiert gi waren, natierlech fir déi meescht Gemengen net konnte respektéiert ginn. Mir hunn déi deemools du verlängert op den 8. August 2018.

Selbstverständlech dierf een net vergiessen, dass dëst Joer e wichtigen Datum fir d'Gemegepolitik ass. Et si Wahlen den 8. Oktober. Wie weess, wat do an där enger oder anerer Gemeng ka passéieren. Dann ass natierlech d'Gefor net kleng, dass mer leider vläicht, wat d'Diskussioun vun de PAGen ubelaangt, an eenzelne Gemengen erëm wäerten op d'Ligne de départ zrëckgoen.

Haut jiddefalls stëmme mer dee wichtigsten Deel, dee voluminéisen Deel vun dësem Gesetz. An ech hunn et jo scho gesot, dass hei net manner wéi eelef Gesetzer ëmgeännert ginn. De Conseil d'État hat jo ee Moment gemengt, proposéiert, mir sollte quasi pro Sujet ee Gesetz maachen. Ech mengen awer, dass mer do net onbedéngt eng gutt Iddi novollzunn hätten. Et ass scho richtig, dass mer hei e Gesamtgesetz gemaach hunn.

Ech wëll och direkt virausschécken, an dat wäert och weíneg Leit heibannen iwwerraschen, dass d'Demokratesch Partei jo virun allem déi Partei ass, déi sech ëmmer derfir asetzt, dass mer eng Gesetzgebung hunn, déi et erlaabt, fléissenden Oflaf vun den administrativen Weeër ze hunn.

Ech wëll och hei un eng Proposition de loi vum Henri Grethen nach eng Kéier erënnere, déi hien de 24. November 1992 déposéiert hat. An do ass et drëms gaangen, dass u sech de Prinzip vun dräi Méint Stéllstand vun enger Verwaltung, dee Moment ass ëmmer gesot ginn: „vaut refus“, dass den Henri Grethen gesot huet, ma mer driien dat ëm: „vaut accord“. Deemools ass dat e bësselchen als, jo, utopesch duergestallt ginn. Ech muss allerdéngs haut

feststellen, dass dat, wat den Henri Grethen 1992 scho virausgesinn huet, awer haut zu engem gudden Deel schonn agetrueden ass.

Ech erënnere zum Beispill un den Artikel 26 vun dësem Gesetz, wou drasteet, wann de Minister no engem Mount keng Antwort op e modifizéierte PAP gëtt, dann ass dee wéi gesot ugeholl. Oder den Artikel 38, do gëtt deeselwechte Prinzip ugewannt, wann de Kulturminister no dräi Méint keng Reaktioun gëtt op eng Demande vun enger Enseigne publicitaire. Do gesitt Der also, dass awer lues a lues dee Geescht sech ëmmer méi och bemierkbar mécht.

An et ass och nozevollzéien, et ass och wichtig, well ech mengen, och de Bierger huet awer e Recht op eng Antwort an engem räsonabelen Délai! A loosse mer ganz éierlech sinn: Jiddweree vun eis huet schonn déi schlecht Erfahrung gemaach. Mir schécken e Bréif un iergendeng Verwaltung, a wann et gutt geet, kritt een en Accusé de réception an dat war et. Dass kann et net sinn! Och d'Verwaltungen hunn eng Obligatioun vis-à-vis vum Bierger. An ech mengen, an deene meeschten Dossiere kann een och an dräi Méint eng anstänneg Antwort preparéieren.

Natierlech wëllt dat elo net heeschen, dass een hei der Willkür ka fräie Laf loosse. Neen, et muss och schonn deementspriedend awer ëmmer sech ganz konzentriert op Antworte baséiert ginn.

Wa mer hei déi eenzel Avis vum dësem Gesetzesprojet analyséieren - dass wëll ech natierlech elo net am Detail hei maachen -, da fanne mer awer ganz séier eraus, dass u sech e ganz positiven Toun do ass, sief dat vum dem OAI, sief dat d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics.

Natierlech kann een do net alles deelen, wat do proposéiert gëtt. Et ass mer zum Beispill eppes opgefall: Do ass gefrot ginn, dass een an Zukunft soll fir effentlech Bauprojeten net méi onbedéngt missen eng Autorisatioun ausstellen. Ech mengen, dat géif allerdéngs e bësselche wäit goen, ëmsou méi dann och vläicht de Bierger net méi d'Méiglechkeet hätt, Recours anzereeche. Dowéinst, wéi gesot, loosse mer awer och elo nach ëmmer hei um Buedem bleiwen!

Am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires ass mer eppes opgefall, wat ech och als ganz interessant empfangen, well et och grad vun hinne kënnt, wou se drop pochen, dass d'Formation continue nach soll méi pousséiert ginn. Besonnesch wann, wéi gesot, andauernd d'Gesetzer änneren, ass et wichtig, dass d'Beamte beschtméiglech informéiert an och forméiert sinn.

Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, et si jo virun allem natierlech d'Gemengen, déi an dësem Gesetz hei prioritär viséiert sinn, well et jo och ganz vill ëm Baupolitik geet, PAGen, PAPen a Bautereglementer. Natierlech sinn dat oft d'Ursaachen, firwat dass eng Rei Retarden entstinn. Da gëtt dobaussen zum Deel och geknoutert. Allerdéngs dierf een hei elo net pauschal behaupten, dass wier dann d'Schold vun den eenzelne Verwaltungen. Neen, mir hunn natierlech Prozeduren, déi et net ëmmer erlaben, schnellstméiglech ze reagéieren.

An dësem Gesetz gëtt jo elo och den Effort gemaach, fir d'Opstelle vun engem PAG nach méi schnell, nach méi transparent ze gestalten. Et dierf een natierlech och net vergiessen, dass mer eis ëmmer e bëssen hei tëschent zwou Fronte bewegen. D'Tatsaach, dass de Schaffrot elo am Fong geholl dem Gemengerot nëmme nach brauch eng Fiche de présentation amplaz e Rapport de présentation ze presentéieren, ass u sech schonn eng gutt Saach. Mir müssen allerdéngs, wéi gesot, oppassen, dass awer och nach ëmmer de Gemengerot beschtméiglech informéiert ass, fir dass e sech kann iwwer e PAG och gutt ausdrécken.

De Geescht vun enger moderner Verwaltung hält hei och iwwert de Wee vun deem Gesetz Anzuch a virun allem wéi gesot, dass de Support informatique elo ëmmer méi u Bedeutung gewënnt. Dass ass och ganz richtig. Et kann een effektiv net jiddwerengem zoomudden, deck Wälzere vun 100, 150 Säiten duerchezbliden, wann en iwwert de Klick dat awer kann doheem gemittlech maachen. Dowéinst muss d'Kommunikatioun mam Bierger - dass ass näischt Neits - ëmmer erëm verbessert ginn!

Ech wëll awer och hei eng Remarque maachen: Et gëtt jo nawell gären ëmmer esou liicht do-bausse vu verschiddene Säite behaupt, wéi wann de Bierger net géif genuch informéiert



ginn. Jo, wat solle mer dann nach alles maachen?! Et huet een awer haut eng Flut, eng hell Flut vun Informatiounsméiglechkeeten! Mä loosse mer awer och ganz éierlech sinn: Och deen Eenzelne muss awer heiansdo e bësselchen Effort maachen! Ech behaapte jiddefalls, datt mer an enger Gesellschaft liewen, wou mer nach ni esou informéiert goufen, nach ni esou vill Méiglechkeeten haten, informéiert ze ginn! Mä, wéi gesot, och deen Eenzelne muss dann heiansdo e bësselche sech druginn.

Wat elo d'Reklamatiounen ubelaangt, déi kënne géint de PAG erabruucht ginn, ass hei jo festgehalen ginn, datt dat an Zukunft ëmmer muss schréfflech sinn. Och dat, fannen ech, ass eng Noutwendegkeet. Och do muss deen Eenzelne wëssen, datt en eng gewësse Verflchtung huet.

Datt déi eenzel Gemengen elo kënnen, wa se iwwer eng appropriéierte Service technique verfügen, selwer PApE respektiv Modifikatiounen vu PAGe virhuelen, ass a priori eng gutt Saach. Ech wëll allerdéngs hei ënnersträichen, datt dat awer elo natierlech net allgemeng méiglech ass, well déi meescht Gemengen dach, wat de Service technique ubelaangt, personalméisseg net onbedéngt esou équipéiert sinn, an de Service technique vun enger Gemeng enorm vill Aarbecht ze leeschten huet.

An ech gesinn dat emol guer net esou negativ, datt fir esou Projeten ëmmer e Bureau d'études mat erbäigzeu gëtt, well de Bureau d'études vläicht heiansdo méi Pressioun kann ausüben (veuillez lire: well op de Bureau d'études vläicht heiansdo méi Pressioun kann ausgeübt ginn). An, wéi gesot, de Rôle vum Service technique besteet jo da virun allem och als Kontroll. An dat ass och enorm wichteg. Duerfir, wéi gesot, wann natierlech d'Gemeng d'Méiglechkeeten huet, soll se dat iwwer hir eege Leit maachen. Mä et huet schonn ee vun de Virriedner et hei och gesot, da muss natierlech awer och déi néideg Ressource humaine do sinn.

Mir begrëssen och, datt d'Commission d'aménagement elo reforméiert gëtt. Doderch kann natierlech och en zousätzleche bessere Rhythmus entstoen. Datselwecht géllt och fir d'Cellule d'évaluation. Déi huet jo an Zukunft elo nëmmen nach zwee Memberen. Datt d'Gemengen, wéi gesot, net ëmmer frou sinn iwwert déi laang Délaien, wou se musse waarden, bis datt déi Dossieren dann approuvéiert aus dem Intérieur erëmkommen, ass och nozevollzéien. Hei kann also elo, wéi gesot, hoffentlech eng Verbesserung antrieden.

Dann ass eng interessant Diskussioun och entstanen mat der Revisioun vum modifizéierte Gesetz vum 19. Juli 2004 vum Aménagement communal an och iwwert den Aménagement du territoire vum 30. Juli 2013 iwwert d'Entschieedegungen, déi ausbezuelt ginn oder accordéiert ginn am Fall vu Servituden.

Sécher, ech mengen, besonnesch als liberal Partei ass een do ëmmer ganz hellhöreg, wann et drëms geet, datt soll privat Propriétéit aneschtens affektéiert ginn, wéi ee sech dat virgestallt hat. Duerfir si mir vum Prinzip op alle Fall der Meinung, datt hei d'Recht op eng Entschieedegung muss bestoen, wann, wéi gesot, eng privat Propriétéit aneschtens affektéiert gëtt, vläicht u Valeur géif verléieren. Duerfir ass et awer och gutt, datt hei e gewëssene Kompromëss fonnt ginn ass an datt jo u sech déi Demande no fënneg Joer dann och verfällt. Mä wat wéi gesot wichteg ass fir eis, ass, datt et awer dee Prinzip hei gëtt.

Och wat d'Opstelle vum PAP ubelaangt, gëtt et jo elo eng Rei Neierungen. Virun allem wëll ech op den Artikel 26 hiweisen, dee vun där Procédure allégée do schwätzt. Bon, do kënnen sech zwar och an Zukunft emol Interpretationsproblemer erausstellen. Wat ass eng Modification ponctuelle? Wéi ass dat ze interpretéieren? Do ass natierlech de Schäfferot, deen déi Décisioun kann huelen. Mä ech hoffe jo net, datt mer do nei Sträitfäll elo déclenchéieren. Mä et muss een awer ganz virsichteg och an där ganzer Saach do sinn.

Jiddefalls beweege mer eis och do an engem gewëssene Spannungsfeld tëschent privat Propriétéit an och PAPen, wat den nouveau Quartier ubelaangt. Well wa jo d'Halschent vun de Propriétaires, déi och d'Halschent vun den Terrainen besëtzen, d'Recht kréien, e PAP ze maachen, da kann dat awer och u détriment goe vun anere Propriétaires, déi net domat d'accord sinn, datt sollen esou PApE gemaach ginn. Och do, wéi gesot, muss een drop hoffen, datt awer hei sënnvoll mateneen dann ëmgaange gëtt.

E weidere wichteg Volet, mengen ech, ass awer och, wat d'Publicitéitsenseignen ube-

laangt, datt do de Buergermeeschter elo emol zousätzlech Kompetenze kritt. Och dat ass nëmmen ze begrëssen. Et ka jo och net sinn, datt elo all klenge Schëld, wat egal wou opgehaange gëtt, muss eng ganz Prozedur duerchlaufen. Woubäi een allerdéngs och muss oppassen, datt mer elo net e Wirrwarr vu Publicitéitsenseignen queesch duerch d'Uertschaften kréien. Duerfir ass et och gutt, datt natierlech de Kulturministère nach ëmmer kompetent ass, wann et ëm Enseigné geet, déi bei Sitten opgehaange ginn, déi klasséiert sinn, awer datt an Zukunft och muss dann de Buergermeeschter respektiv d'Gemeng awer informéiert ginn, wann esou eng Demande en cours ass oder wa se autoriséiert ass. Well oft firt een duerch seng Gemeng an dann op eemol gesäit een iergendwou e Schëld do hänken, an et weess een emol net, wou et hierkomm ass. Ech fannen, datt och do de Buergermeeschter respektiv de Schäfferot awer d'Recht muss hunn, ëmmer fréizäitig informéiert ze ginn, wat an der Gemeng do lass ass.

Et gesäit ee jo dann oft, datt Baugeneemegungen ausgestallt ginn, déi dann no enger gewëssener Zäit verfalen, well se net genotzt ginn. Elo stelle mer zwar an Aussicht, datt ee se kann theoretesch zweemol ëm e Joer verlängeren. Ech géif allerdéngs soen, datt dat och nëmme soll an Ausnahmefäll gemaach ginn, well mir wëssen, datt et och Leit ginn, déi d'Baugeneemegung ufroen an dann aus iergendengem Grund net ufänke mat bauen. Besonnesch schlëmm ass dat, wann et sech ëm Haiser handelt, déi vläicht misste restauréiert ginn an déi dann och nach an enger Agglomeration an enger Hauptstrooss leien a wou dann absolutt guer näischt geschitt. Dat kann et jiddefalls net sinn. An an esou Fäll soll op kee Fall eng Baugeneemegung dann och nach verlängert ginn.

Datt elo fir méi kleng Aarbechten um Gemeengeplang net méi eng Geneemegung zoustänneg ass: Effektiv, wann een elo eng Veluxfënster a säin Daach setzt, datt dowéinst och muss eng ganz Prozedur déclenchéiert ginn, do kann ee sech d'Fro stellen, ob dat opportun ass. Allerdéngs muss et ëmmer esou sinn, datt zumindest awer d'Gemeng informéiert gëtt iwwer Aarbechten, och wa se nëmme klenger Natur sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer hei an dësem Land zousätzleche Wunnensraum brauchen, dat ass kee Geheimnis. Besonnesch dës Regierung setzt jo den Akzent virun allem op déi Politik. Eis Populatioun wüsst. Och dat ass näischt Neits. An dat och jonk Leit müssen d'Recht hunn, sech en eegent Heem unzeschaffen, ass eppes ganz Evidentes. An dowéinst ass et och wichteg a richtig, datt gekuckt gëtt: Wou kënnen mer nach zousätzleche Bauterrain da kréien?

Bon, duerfir gëtt jo dann och de Pacte Logement hei zum Deel ëmgeännert. Hei geet et virun allem ëm d'Virverkafsrecht. Och do kann een natierlech e bësselchen dann a Contradictioun, jo, mam Eigentumsrecht kommen. An et dierf ee jo och erëm net vergiessen, datt de Propriétaire kann hei gewësse Rechter allerdéngs verléieren. Ech schwätze besonnesch vum Droit de préemption, wat jo elo ausgeeent gëtt iwwert d'Zone urbanisée eraus; et dierf ee jo elo net méi „Perimeter“ soen. Do kann et natierlech de Fall sinn, datt emol een oder deen anere Propriétaire dann och net déi Affektatioun iwwer seng Terraine kritt, déi e sech vläicht virgestallt hat. Mä de Statsrot huet jo an deem Sënn och eng kleng Brems ageleuecht, datt jo do déi Bande op 100 Meter limitéiert ginn ass.

Mat dësem Omnibusgesetz gëtt dann och d'Waasserschutzgesetz ëmgeännert. Do muss ech éierlech soen, an ech schwätzen elo e bësselche vläicht da méi a mengem perséinlechen Numm, do hunn ech éierlech gesot awer llicht Problemer. Datt mer elo d'Méiglechkeet kréien, och an Iwwerschweemmungszonen ze bauen, dat ass jo awer relativ delikat. Op där enger Säit bekloe mer eis ëmmer iwwert d'Versiegelung vun eiser Landschaft, vun eisen Terrainen, op där anerer Säit maache mer hei jo elo e bëssen d'Dier op. Bon, ech weess, datt et ënner strenge Konditiounen ka stattfannen. Dowéinst maachen ech och wierklech den Opruff hei, awer nëmmen an extremen, ech géif scho bal soen Noutsituatiounen dat do zouzeloossen. Well mir wësse jo awer alleguerten, an do brauch ee sech nëmme mat Spezialisten ze concertéieren, da kritt een dat ganz kloer confirméiert, wann - wann - mer Problemer ëmmer méi mat Iwwerschweemmungen an dësem Land hunn, dann ass et ënner anerem och, well eben dach relativ vill zoubetonéiert gëtt. Dowéinst, wéi gesot, hei géif ech awer bieten, vun deem Gebrauch do relativ weénege ze profitéieren.

Um Niveau vun der Gemeengeverwaltung selwer sinn dann och elo eng Rei positiv Verbesserunge virgesinn. Ech denken do un d'Emännierung vum Gemeengegesetz vum 1988.

Hei geet et virun allem och ëm d'Delegatioun. Bis elo war dat jo och ëmmer limitéiert. A virun ass dat och scho richtegerweis hei gesot ginn. Et kann net sinn, datt e Bierger op eng Gemeng kënnt a seet: „Ech hätt gär en Extrait vu mengem Acte de naissance oder Acte de mariage“, an da seet een: „Komm an zwee, dräi Deeg erëm! Dee Beamten ass net hei, de Buergermeeschter ass an d'Vakanz.“ Dat kann et einfach net sinn! Datt mer dat awer elo emol ausdeen, datt déi Barrière vun de 25 Joer ewechfällt, ass richtig, an datt et an Zukunft och net muss onbedéngt e Fonctionnaire sinn.

Allerdéngs, och do hate mer ee Moment wëlles, ze wäit ze goen, wa mer einfach nëmmen den Term „Agent“ stoe gelooss hätten. Dat soll elo net pejorativ gemengt sinn, mä wann op eemol och de Portier d'Méiglechkeet gehat hätt, seng Ënnerschrëft ënner eng Kopie ze setzen, ech mengen, do si mer eis eens, datt dat net onbedéngt ustriewenswäert gewiescht wär.

Ech wëll och net weider elo an aner Detailer agoen. Ech mengen, den Yves Cruchten, deem ech och Merci soe fir seng exzellente Rapporten, huet dat scho ganz gutt gemaach.

Vläicht awer nach - an ech muss éierlech zouginn, ech wouss dat och net esou an deem Detail: Anscheinend gëtt et jo hei zu Lëtzebuerg, Här Minister, 40 Gemengen, déi kee Polizeireglement hunn. Do muss ech allerdéngs soen, datt fannen ech awer méi wéi erstaunlech! An do gëtt et awer héich Zäit - héich Zäit! -, datt een awer vläicht deene Gemeenge gentiment ze verstoe gëtt, datt dat awer net méi ka sinn, datt déi awer och sech sollen e Polizeireglement uleeën. Da kéinte mer och gewësse Saache vläicht direkt iwwert de Wee dovunner reglementéieren.

En Haaptakzent vun dësem Gesetz läit natierlech och um sougenannte Kommodo-Inkommodos-Gesetz. Do muss ech soen, datt ass wierklech e ganz positive Volet. Hei gi jo elo zwou nei Klasse geschaaft. Hei gëtt jo am Fong elo emol eng Scission och vu fréier duebelen Autorisatiounen virgeholl. Dat ass ganz wichteg, ganz interessant. Mir gesi jiddefalls net an, wa wierklech e Projet do ass, deen exklusiv den Naturschutz concernéiert, datt dann och nach huet misse d'Inspection du travail et des mines eng Autorisatioun ginn. Hei, wéi gesot, gi mer ouni Zweifel an déi richteg Richtung an dat ass och eng gutt Saach esou.

Et huet een natierlech och e bësse stutzeg gemaach, wann een de Rapport gelies huet, datt do erauskomm ass, datt eng Rei Betriber hei zu Lëtzebuerg - bon, ech setzen et zwar elo emol tëschent Guillemeten - „an der Illegalitéit“ sech beweegt hunn, well se eben net déi néideg Autorisatiounen haten. De Feeler louch dann natierlech net direkt bei de Betriber, de Feeler louch dann éischer wéi gesot u deene laangen Délaien an och, well d'Dossiere munchmol dann net komplett waren. Dowéinst ass et och héich Zäit ginn, datt an deem Sënn elo hei eng Emännierung kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech, wa mer déi eelef Gesetzer hei emännere, da ginn och eng Rei Gesetzer ëmgeännert, déi entre-temps och op engem anere Wee schonn um Instanzewee sinn. Dowéinst ass et wichteg - ech denken hei virun allem u d'Waasserschutzgesetz, ech denken u d'Naturschutzgesetz -, soubal natierlech déi Aarbechten ofgeschloss sinn, datt direkt och müssen Textes coordonnés kommen, net datt awer op eemol do Oublie géifen entstoen.

Wa mer deen Exercice vun haut ofgeschloss hunn, dann hu mer ganz gutt Aarbecht gemaach. Mä mir sollen natierlech ganz realistesch sinn, mir müssen och no vir kucken. Dat hei ass - wéi soll ech soen? - en never-ending Prozess. Mir musse permanent eng Radiografie vun eiser Gesetzgebung maachen. Mir musse permanent de Courage hunn, och emol munches a Fro ze stellen! A wa mer esou déi ganz Secteur vun der Gemeengepolitik oder vun der nationaler Politik duerchlichten, da fanne mer och ganz séier eraus, datt et awer nach eng Rei Punkte ginn, wou ee sech awer Froe muss stellen.

Ech wëll zum Beispill op d'Betreiungsstrukturen och ze schwätze kommen. Ech muss awer éierlech soen, heiansdo stellt ee sech awer d'Fro, firwat datt an engem Sall, an engem Raum, wou allerlee Aktivitéit stattfannen, awer Kanner iwwer Mëtteg net kënnen essen oder esou. Och do mengen ech, solle mer awer an Zukunft e bësselche méi Mënscheverstand spille loossen an net awer bis an dee leschten Detail alles musse reglementéieren. Wéi gesot, en iwwerdrivvent Sécherheetsgefill kann och kontraproduktiv sinn. Dowéinst, och do solle mer eis eng kleng Hausaufgab ginn, vläicht fir e bësselche manner streng mat eis selwer ze sinn an emol heiansdo méi de gesonde Mënscheverstand spillen ze loossen.

Jiddefalls, mat dësem Gesetz gëtt dem Term „Simplification administrative“ ouni Zweifel eng nei Dimensioun ginn. Et ass e richtigem, e wichtige Schrëtt an d'Zukunft. Natierlech wäert d'Praxis elo weisen, ob mer de Wee och an deem Sënn richtig ageschloen hunn. Nach eng Kéier: Haut ass e wichtige Départ ginn, mä mir sinn nach net op der Ligne d'arrivée ukomm. An duerfir solle mer dee Prozess hei weider och fleegen.

Wéi gesot, an deem Sënn ass d'Demokratesch Partei frou, datt et zu deem Text hei kumm ass, a mir wäerte selbstverständlech eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. An den Här Adam fir déi gréng ass scho prett. Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, vun engem Omnibusgesetz gëtt ëmmer da geschwat, wann een eng ganz Rei Punkten an engem Gesetz zesummestreckt, déi nëmme bedéngt eppes mateneen ze dinn hunn. An ech sinn dann och elo, mengen ech, deen éischen net aktive Gemeengepolitiker, deen hei Stellung dozou hëlt. Et ass ganz vill hei vu Gemeenge geschwat ginn, an ech hunn dann elo och d'Geleeënheet, fir mer dann nach e puer Méint ze iwwerleeën, ob dat hei mer elo Loscht gemaach huet, fir erëm eng Kéier an der Gemeengepolitik aktiv ze ginn, oder ob ech éischer ofgeschreckt ginn, fir nach esou e Wee ze maachen.

Mir ännere mat deem Text hei 13 Gesetzer oder legal Texter. An de Point commun vun dësen Ännerungen ass, esou steet et am Exposé des motifs an esou huet de Rapporteur et och gesot, de Wonsch, fir eisen effentlechen Dëngscht ze moderniséieren, an déi Beméiungen, fir administrativ Prozesser ze vereinfachen, also déi sougenannte Simplification administrative weiderzedreiwen.

Et ass och schonn drun erënnert ginn, datt mer schonn den 21. Mee 2015 e klengen Deel vum Projet de loi 6704, an zwar de Projet de loi 6704A hei debattéiert a gestëmmt haten, wou mer den Artikel 108 vum Gesetz vum 2004 iwwert den Aménagement communal geännert haten. Dat hate mer gemaach, fir ze vermeiden, datt a ronn 90 vun 105 Gemengen d'PAGe géife caduc ginn.

Omnibusgesetz weise meeschtens drop hin, datt et e generelle Problem ze léise gëtt, deen iwwergräifend an der Gesetzgebung besteet. De generelle Problem hei, deen huet och en Numm. Et ass déi sougenannte Lourdeur administrative, déi duerch eng Simplification administrative soll behuewe ginn. Den Ausdruck vun der Simplification administrative, dee kann natierlech och méssverstane ginn an huet och scho fir esou munnech Polemik gesuergt.

Prinzipiell kann ee jo nëmmen d'accord sinn, wa mer op de Wee ginn, déi Schwéierfällgeeket vu verschiddene Prozeduren opzehiewen. An dësem Fall weist dat och op e Reformstau hin, well zënter 20, 30 Joer Problemer a ganz ville Beräicher net richtig ugepaakt gi sinn. Mir schaffen also hei och un Atlaste vu viregte Regierungen, déi dann elo endlech ugepaakt ginn. Fir et mat de Wieder vum Kolleeg Gusty Graas ze resüméieren: Et ass vill vum Nessie geschwat ginn, mä et hat keen et ze pake kritt.

Schonn d'Virgängerregierungen hate sech 2004 virgeholl, duerch eng generell Simplification administrative Prozeduren ze beschleunegen, an 2011 ass déi deemoleg Regierung mat der UEL, der Union des entreprises luxembourgeoises, a bilaterale Verhandlungen iwwereneekomm, datt dësen Dossier kruzial wichtig wier fir d'Kompetitivitéit vun der Lëtzeburger Economie. D'Dauer vun de Prozeduren sollt op d'Halschent erofgesat ginn; dat war d'Zil vun engem Projet de loi, deen nach ënnert der viregter Regierung ausgeschafft gi war.

Wann d'CSV dëser Regierung virwerft, et hätt laang gedauert, dann ass dat an deem Sënn berechtigt. Ech sinn awer och ganz frou, datt den Här Eischen keng Schuldzuweisung gemaach huet, mä eigentlech just festgestallt huet, et huet laang gedauert, well soss hätt ee jo och kënnen... En huet och gesot, et hätt ee kënnen méi wäit goen. Alles ass richtig, mä et kann een natierlech och soen, et hätt een och kënnen éischer ufänken, da géife mer haut net iwwert den Omnibus 1 schwätzen, mä eventuell schonn iwwert den Omnibus 2.

Ech si frou, datt mer allgemeng hei festgehalten hunn, datt d'Zesummenaarbecht an der Kommissioun eng ganz gutt war. An ech sinn och frou, vum Kolleeg vun der CSV ze héieren, datt eng ganz Rei Apporte vun der CSV Gehéier fonnt hunn a mat hei an dee Projet agefloss sinn. Dat fannen ech einfach positiv.

D'Regierung hat effektiv d'Debatt méi breet gemaach. Am Rapport steet, et wier eng aktiv



Zesummenaarbecht vu verschiddene Verwaltunge ginn, fir administrativ Praktiken an awer och Gesetzestexte ënnert d'Lupp ze huelen, mam Zil, de Bierger an den Entreprises d'Liewe méi einfach ze maachen. Déi grouss Ziler vun der Reform sinn, d'Dauer an domat och d'Onkäschte vun de Prozeduren ze reduzéieren, am Interessi vun de Bierger, am Interessi vun de Betriber, awer och am Interessi vun den Administratiounen.

Fir verschidde Prozeduren opzeginn, déi sech als iwwerflësseg respektiv als juristesche net haltbar erweisen hunn - den Här Cruchten hat vum Grammofon a vun de Cabarete geschwat -, a fir d'Statsverwaltungen ze moderniséieren, dat heescht viles online ze erméiglechen, wat bis elo nach en Déplacement vun enger Persoun verlaangt huet, dat si selbstverständlech luewenswäert Ziler, déi eis Ennerstëtzung verdéngen an och kréien.

An erlaabt mer - och wann ech am Projet de loi, dee mer virdrun diskutéiert hunn, gesot hunn, dass déi gréng voll déi Digitaliséierung ënnerstëtzen, well mer mengen, dass d'Zukunft dora läit -, awer eng kleng Klamer ze maachen an hei eng Lanz ze breche fir déi Leit, déi net am Internet doheem sinn. Dat si virun allem vill eeler Leit. Déi riskéieren Affer vun de ville Moderniséierungen ze ginn. An där Klamer, kuerz: Eis Banken, zum Beispill, maache mir d'Liewe méi einfach, well ech praktesch net méi muss bei se eragoen. Der Generatioun vu mengen Elteren zéie se awer d'Suen aus der Täsche, well se sech fir all kleng Operatioun méttlerweil bezuele loosse.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Ah jo!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - D'Spuerkeess, wou de Stat jo vill ze soen huet, bitt hire Clienten ab 75 Joer un, weiderhin esou kleng Servicer gratis ze maachen. Elo kann een iwwert déi 75-Joer-Grenz diskutéieren. Am Club Senior, do dierf ee scho mat 50 Member ginn.

(Interruption)

Mä ëmmerhin, ech weess awer, dass eng aner, et kann ee se „Bank“ nennen, „d'Postbank“, déi bitt déi do Méiglechkeet net un. An do huet de Stat awer och relativ vill dran ze soen. An ech géif trotzdeem dervu profitéieren, fir ze soen, et misst ee sech awer iwwerleeën, ob dat net eng Regelung wier, fir eben deenen eelere Leit do entgéintzekommen. Well wa mer nämlech Administratiounen zentraliséieren, da mécht dat an engem verstännege Mooss natierlech Sënn. Fir vill eeler Leit heescht dat awer ganz einfach, dass si sech elo musse méi wäit déplacéieren. Ech denken un d'Beispill vun der Administration de l'enregistrement et des domaines.

Et ass kloer, dass déi Schinn vun „alles iwwert den Internet“ net méi zrëckzedréien ass. Dat wëlle mer och net. Mer sollen allerdéngs och un déi Leit denken, déi net esou op där Schinn kënnen matfueren.

Mir begrëssen, dass de Projet de loi am Dialog mat den Akteuren um Terrain ausgeschafft ginn ass ënnert der Tutelle vum Minister Dan Kersch, deen zoustänneg fir dës Réforme administrative ass.

Här President, ech wëll och hei dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. De Projet de loi 6704 ass e wichtegt Gesetz, mä awer och e schwéier liessbart Gesetz. A well de Rapporteur seng Aarbecht esou gutt gemaach huet, brauch ech net op all Annerung anzegoen. Ech gräife just eng Rei vun den Annerungen op, déi och an eiser Partei intensiv diskutéiert gi sinn.

Esou ee Punkt ass zum Beispill den Accord tacite vun enger Verwaltung. Bis elo ass d'Rechts-situatioun jo esou, dass keng Äntwert eng negativ Äntwert ass. A mir sinn der Meinung, dass, éischstens, all Demande eng Äntwert verdéngt, an och an engem Délai, dee rasonabel ass. Aus enger Netäntwert vun enger Verwaltung en Accord tacite ze maachen, fanne mer kee gudder Wee, an domat géife mer jo och d'Rechter vun Dréttpersonen aschränken. Esou eng Prozedur géif onweigerlech zu méi Streidereien ënnert de Bierger vun enger Gemeng féieren, zu Gerichtsprozesser, déi vill Zäit kaschten a kontraproduktiv sinn.

A mir deelen hei och absolut d'Bedenke vun der Statsbeamtekummer, dass d'Administratioun genuch Zäit a Personal brauchen, fir dass wierklech op all Requête kann an der erfuerderlecher Zäit geäntwert ginn. An esou si mer och frou, dass besonnesch den Artikel 26 vum Gesetz daitlech geännert gouf, fir den Accord tacite op een absolute Minimum ze reduzéieren.

A mir erënnere un déi Entwécklung, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, wéi mer se bis elo kennen. Wann all Joer ronn 12.000 Leit méi op Lëtzebuerg wunne kommen an 10.000 Aarbechtsplaze geschafft ginn, da bréngt dat

zousätzlech administrativ Aarbecht mat sech. An et geet net duer, fir eleng d'Prozeduren ze vereinfachen, da mussen och d'Ministèren an d'Verwaltungen mat deem Personal verstärkt ginn, dass mer brauchen, fir dass déi Délaie kënnen agehale ginn.

Mir mussen also net nëmmen d'Infrastrukturen un d'Entwécklung vun der Ekonomie an der Populatioun upassen, mä och eis éffentlech Verwaltungen an d'Ziel vum Personal an dese Verwaltungen. Et ass relativ einfach, eise Wieler an eise Finanzminister ze erklären, dass mer vill Léierpersonal a vill Poliziste mussen stellen. Et ass zimlech in, fir sech iwwer vill Beamte beim Stat ze bekloen - et ass och schon d'Wuert vum „schlanke Stat“ de Mëtteg gefall -, mä dobäi si genuch a gutt forméiert Beamten eng Noutwendegkeet.

Esou konnt den Ëmweltministère zum Beispill d'Dauer vu verschiddene Prozeduren par rapport zu der leschter Legislaturperiod wesentlech verkierzen, scho vum Omnibusgesetz. Esou konnten d'Subventiounen am Beräich Baue vun 18 op 2 Méint erofgedréckt ginn. An d'Naturschutzautorisatiounen ginn an Zäit vun 3 Méint bearbecht.

Dat si Verbesserunge fir déi concernéiert Leit. Hannendrun awer sti genuch a fläisseg Beamten, soss wier dat net méiglech. An et ass effektiv esou, dass och d'Personal am Ëmweltministère opgestockt gouf. An dat bréngt zum Beispill och mat sech, dass d'Reklamatiounen am järeleche Rapport vum Ombudsmann, wat den Umweltministère betrëfft, zesummegeschmolt sinn.

Wat déi kommunal Raumplanung nom Gesetz vun 2004 betrëfft: Déi Prozeduren, déi hei vereinfacht ginn, hu sech an der Praxis als onnëtz a schwéierfällg erweisen a ginn eleng aus deem Grund reforméiert. D'Landesplanung gëtt an nächster Zäit opgewäert duerch dat neit Gesetz an déi nei Plans sectoriels. Da kritt se och endlech Zänn.

Et muss ee jo awer och nach erënnere, wou mer hierkommen. Wou war da bis elo d'Landesplanung bei den Dossiere Wickreng, Léiweng an Agrozenter? Wéini ass jeemools e PAG wéinst landesplanerreschen Iwwerleeunge verworf ginn, egal wéi dernieft verschidde kommunal Entwécklungen waren, wéi zum Beispill eng Zone d'activités fir d'Godrongsfabrik direkt un der Bebauung zu Esch-Schëffleng, oder eng Aktivitéitszon zu Leideleng mat Zegdausend Aarbechtsplazen ouni Ubannung un den éffentlechen Transport? Fir just dës Beispiller ze nennen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Zu den Études préliminaires. Dat war 2004 gutt geduecht, mä immens schwéierfällg an opwenneg. An ech deelen do dem Här Haagen seng Aschätzung: Et war vill Pabeier mat wéineg Resultat. Mir fannen et richtig, dass d'Gemengen, déi déi noutwendeg personell Ressourcen hunn, selwer kënnen d'PAP- an d'PAG-Projeten ausschaffen. Domat ënnerstëtze mer d'Gemengen, fir hire Service technique ze verstärken a fir mat anere Gemengen nach méi intensiv zesummeschaffen, a befreien d'Gemengen aus enger ze grousser Ofhängegkeet vu just e puer Bureaux d'études.

Iwwert d'Plans sectoriels kréie mer dann och déi inhaltlech Dimensioun an d'PAGen, déi mer brauchen, fir d'Feeler vun der Vergaangenheet, vun deenen ech der elo grad e puer genannt hat, net ze widerhuelen. Jo, et soll een et positiv gesinn, mir wäerte Wunnen, Schaffen a Fräizäit méi no beienee kréien, wat zu enger Verbesserung vun der Liewensqualitéit vu jiddwerengem bäidréit.

D'Naturschutzgesetz vun 2004 gëtt am Moment iwwerschaaft. Bis elo war eng extra Autorisatioun vum Ëmweltminister noutwendeg, wann ee méi no wéi 30 Meter bei de Bësch, Waasserleef oder un de Rand vun Natura 2000-Gebidder wollt bauen. Déi mat deem Gesetz ofgeschaaft Prozedure maachen ëmmerhi 5% bis 10% vun den Demanden aus a sinn also eng spierbar Vereinfachung vun de Prozeduren, ouni un den Inhalt ze goen.

D'Waassergesetz vun 2008 gëtt och iwwerschaaft. Do kritt den Ëmweltminister elo an den Iwwerschwemmungsgebiddern eng gewësse Flexibilitéit, fir Constructiounen ze geneemen, awer ouni de Wäert vum Iwwerschwemmungsgebiet ze reduzéieren. Dat heescht, de Verloscht vu Rückhaltevolumen duerch Constructiounen muss op anerer Plaz kompenséiert ginn.

Den Här Minister Schneider hat menges Wëssens kee Knäifall viru senger grénger Kolleege gemaach. Ech interpretéieren dem Här Eischen seng Ausso esou, wéi wann och déi gréng Kolleege mat deem Gesetz hir Prinzipien net alleguer iwwer Bord gehäit hunn. An enger Koalitioun, déi funktionéiert, muss jiddweree Kompromësser maachen. A wien net bereet ass,

Kompromësser ze maachen, deen huet et schwéier am Liewen an och schwéier an enger Regierung. Den Här Graas ass op alle Fall och op menger Schinn, wann hie warnt a seet, mer misst ganz virsiichteg mat der Méiglechkeet ëmgoen, fir Bebauungen an Iwwerschwemmungszonen ze erlaben.

Wat d'Kommodo-Gesetz vun 1999 betrëfft: Et wäert an Zukunft méiglech sinn, verschidde Geneemegungsprozeduren parallel zur Kommodo-Prozedur lafen ze loosse, fir esou d'Gesamtdauer vun de Prozeduren ze verkierzen. Domat gëtt um Wäert vun deenen eenzelne Prozeduren an och un de Kommodo-Geneemegungen näischt geännert. Och déi Neierung mat der Classificatioun huet just eppes mat dem Ofbau vun Onkloerheeten ze doen a stellt den Inhalt vun de Geneemegungen net a Fro.

déi gréng sinn och weiderhin der Meinung, dass d'Geneemegungsprozeduren net dierfen op Käschte vun der Ëmwelt vereinfacht ginn. An déi gréng sinn awer genausou gutt der Meinung, dass komplizéiert a laangwiereg Prozeduren mat Sécherheet näischt oder kee Garant vun enger besserer Ëmwelt sinn.

Dann ass de leschte Punkt oder den zweetleschte Punkt, op deen ech nach kuerz wëll agoen, d'Denkmalchutzgesetz vun 1983.

Mat dem Omnibusgesetz kréien d'Gemenge méi eng grouss Verantwortung beim Opstelle vu Werbetafelen. Eng Autorisatioun vum Minister ass just nach op klasséierten oder inventaresch a feste Gebaier am Secteur protégé noutwendeg. Verschiddener fäerten elo e Wildwuchs vu Werbepanneauen a gesi scho belsch Zoustänn op eis zoukommen. Esou eng Situatioun wéi an der Belsch wëlle mir och net. Et ass awer och widderspréchelech, ëmmer dann d'Autonomie communale héichzehalen, wann ee fäert, de Stat géif vun uewen erof eppes diktéieren, an all Kéiers, wann d'Gemengen eng Responsabilitéit kréien, op d'Gefor vum Wildwuchs hinzewiesen.

Mir hoffen, dass déi zoustänneg Verwaltung genuch Mataarbechter kritt, fir kënnen allegueren déi Dossieren ze beschaffen. Duerch d'Omnibusgesetz entsteet e gewëssene Vide juridique am Beräich Enseignes et publicité. D'Gemenge mussen reglementéieren a si jo och vum Innenministère dozou opgefuerdert ginn.

Gutt Informatioun vum Bierger ass een éischte Schratt zu méi Biergerbedelegung, an dee Schratt gëtt hei gemaach. Déi traditionell Verëffentlechungsweeër, déi mer hunn, bleiwe bestoen: de Reider a véier Dageszeitungen. Mir ergänze se duerch neier, an dat ass gutt esou.

Si mer dann elo fäerdeg mat der Réforme administrative? Neen, natierlech net. Ob et an déi Richtung geet, déi d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers vun engem Omnibus-2-Gesetz undeiten, bon, mir wäerten et gesinn! Wichtig ass et, ofzewaarden, ob déi Resultater, déi mer eis erwaarden, och tatsächlech antreffen, an dann zesumme mat alle Partner weiderzeschaffen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. Als Nächsten huet den Här Roy Reding d'Wuert fir d'ADR.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Ech mengen, beim Prinzip vun engem Omnibusgesetz si mer eis alleguerter relativ eens, dass et net onbedéngt dee richtige Wee ass. Dat bewiese véier Navetten mam Conseil d'État an déi vill Schwierigkeeten, déi opgetratt sinn. Mä et ass net „Omnibus“ oder „net Omnibus“, wat mécht, ob ee mat deem Gesetz hei soll d'accord sinn oder net, mä den Inhalt. A beim Inhalt gëtt et bestëmmt ganz vill Punkten, mat deenen ee kann d'accord sinn, mä et gëtt véier Punkten, déi eis als ADR opstoussen.

Dat Éischt, dass ass den Artikel 6. Do geet et ëm de Virrang vun enger Partie écrite oder enger Partie graphique an engem PAG. Wouërms geet et? All PAG huet e schrëftlechen Deel an huet e grapheschen Deel, an et kënn nun eemol ëmmer erëm vir, dass déi zwee sech widdersprechen. An do hu mer eng kloer Jurisprudenz vun eiser Juridiction administrative. Déi seet, dass an esou engem Fall d'Partie graphique iwwerweert.

Elo steet am Text, déi zwee géife sech: «se complètent (...) réciproquement (...) afin de remédier aux nombreuses difficultés d'interprétation». Dat ass evident Quatsch! Well entweder d'Partie écrite an d'Partie graphique widderspreche sech net, an da brauche mer net an engem Text ze soen, dass se complémentaire sinn - da si se evident complémentaire -, oder se widderspreche sech. An da muss iergendeng Instanz spéitstens eng Juridiction, eng

Décisioun huelen, wat fir eng vun deenen zwee dann elo iwwerweert.

Deen Text hei bréngt also null Plus-value. An och de Rapport seet et selwer, well e seet: «les juridictions devront trancher au cas par cas». Mir hunn also an enger Matière, wou mer eng kloer etabliert Jurisprudenz haten, en neien Text gemaach, dee keng Plus-value bréngt.

Den nächste Punkt sinn d'Servituten, déi erwuesse aus PAPen, POSen, oder wat och ëmmer; dass heescht Dëngschtbarkeeten, déi op der privater Propriétéit leien. Do war bis elo virgesinn, dass déi Leit, déi esou eppes mussen erliden, keng Indemnitéit kréien. Dat gëtt elo ofgeschaaft. Se kënnen elo eng Indemnitéit kréien. Dat ass eng gutt, dass ass eng positiv Saach.

Leider Gottes gëtt awer an deem Text eng Verjörung vu fënnf Joer agefouert, an deenen dat ka gefrot ginn, amplaz vun deenen 30 Joer, déi normalerweis am Droit commun, am Code civil Artikel 2262 virgesi sinn. An och dës Ännerung geschitt net aus Gottesbaarmhärzegkeet, well op eemol eis Regierung de Rechtsstat entdeckt hätt, mä wéinst dem Arrêt 101 vun 2013, wou d'Cour constitutionnelle dat doten agefuerdert huet.

De Propriétaire spolié, esou nennt de Statsrot de Bierger, deen eng Servitude muss erliden - zu Recht -, deem seng Intérëten hunn zrëckgestoe virun der Sécurité juridique vun de Gemengen. Esou steet et am Rapport. An dat ass fir eis als ADR inacceptabel.

En drëtten Punkt, deen eis Freed mécht, ass dass Modifications ponctuelles, also ganz kleng Ännerungen, u PAPe kënnen endlech gemaach ginn no engem System, wéi mir e scho laang fuerderen. Dat heescht, dass e Silence administratif, wann d'Behörden also net äntwerten, net automatesch e Refus ass, mä am Contraire, dass et dann acceptéiert ass.

De Minister huet eng gewëssen Zäit, fir ze soe Jo oder Neen. A wann en Nee seet, geet et an eng Cellule d'évaluation, déi dann alt nees eng Kéier nëmmen 30 Deeg Zäit huet. A wa se dann net geäntwert huet, ass et geneemegt. Dat ass fundamental eng ganz gutt Saach. Et muss een allerdéngs drop hiweisen, dass déi Cellule d'évaluation selwer gemengt huet am Virfeld vun der Ausschaffung vun deem Text, dass se beim allerbeschte Wëllen net déi néideg personell Moyenen huet, fir dass ze packen. Mä mam Prinzip si mer ganz d'accord.

Da kënn dee véierte Punkt, an dat ass deen, dee mer am meeschte kritiséieren. An dat ass d'Erweiterung vum Virkafsrecht. Dat klengt esou harmlos, e Virkafstrecht. De Conseil d'État seet - an en huet ganz recht doranner -: Ee Virkafsrecht «constitue (...) une atteinte, à la fois au droit de propriété et à la liberté contractuelle». Et ass also e Moyen, mat deem een net soll lichtfrank ëmgoen.

Hei an der Motivatioun vun deem Projet gëtt jongléiert, fir ze rechtfertegen, firwat dass dat Virkafsrecht ausgedeeent gëtt. Et gëtt gesot, den Term, dee bis elo benotzt gi wier vun „terres adjacents“, dass heescht Terrainen, déi direkt un der Limit vum bebaubaren Terrain leien, dat wier eng Notioun, déi net prezis wier.

Et deet mer leed, mä dass ass eng Notioun, déi extrem prezis ass! Dat geet och eraus aus enger Äntwert op eng vu menge parlamentaresche Froen un de Minister - dat war d'Nummer 1824 -, wou e seet: «les terrains visés doivent être adjacents au périmètre, d'une part, et être situés à l'extérieur de celui-ci, d'autre part (...) et non bâtis.» Dat war also ganz kloer a ganz prezis!

Dat gëtt elo geännert an elo soe mer dann: «une bande de cent mètres longeant la limite de la zone urbanisée ou destinée à être urbanisée et située à l'extérieur de ces zones». Ech gesi virus, dass hei Affekotekolleege vill Aarbecht wäerte kréien an dass mer mat där doter onpreziser Notioun näischt Positives bewierkt hunn.

Da kënn derbäi, dass d'Gemengen an Zukunft en plus e Virkafsrecht kréien op Terrainen, déi net bebaut sinn an déi am Perimeter leien oder an der Zone urbanisée oder Zone à urbaniser. Dat ass och eppes, wou mer net kënnen dermat d'accord sinn.

Ech verweisen hei op meng parlamentaresch Fro Nummer 0202. Ech hat deemools de Minister gefrot, wéi vill dann d'Gemenge bis elo préemptéiert hätten. An en huet dee Moment misse soen, mat deene Gemengen, déi am Pacte Logement sinn, wier 2011 e Monitoring gemaach ginn. Dat wieren déi eenzeg Zuelen, déi do wieren. An do wieren et just zwou Pré-



emptionsinn. A fir de Rescht kéint den Innenminister keng Angabe maachen iwwert d'Zuel vun Aquisitionen, déi iwwert de Wee vum Droit de préemption gemaach gi sinn.

Ech fannen, datt eppes, wat den Droit de propriété aschränkt, wéi de Conseil d'État et richtig seet, an och d'Liberté contractuelle aschränkt, wéi de Conseil d'État et richtig seet, datt mir als Chamber esou eppes net kënnen guttheeschen, wa mer net emol d'Donnéeën hunn iwwert dat, wat da bis elo déi lescht Joren, wou et deen Droit de préemption, dat Virkafrecht, do gëtt, geschitt ass. Ouni datt mer do konkret Zuelematerial hunn, kann een domadder net d'accord sinn.

Vläicht kann de Minister eis soen: Wéi vill gouf da bis elo säit senger Äntwert op déi dote Fro préemptéiert? Goufen do Arealer, déi bebauungsfäeg gewiescht wieren - sofort bebauungsfäeg gewiescht wieren -, dem Maart entzunn? Oder gouf drop gebaut?

An dee gréisste Problem, dee mer hunn, ass d'Prozedur. Dat dierf een net vergiessen: Ëmmer wa mer hei eppes aféieren, a mir hu jo heiriwwer geschwat, iwwert d'Simplification administrative, alles dat do kascht awer ëmmer erëm Zäit an domadder och Geld.

E Fonds du logement, dee schreift bei all Transaktioun: „Ma maacht emol déi offiziell Prozedur! Macht eis e Recommandé, an da kucke mer emol! Dann huele mer 30 Deeg.“ Alles dat kascht Zënse, kascht Suen a mécht de Bau méi deier.

An aus all deene Grënn wäerte mir als ADR géint dës Projet stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet elo den zoustänneg Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Merci, Här President. Et ass vill geschwat ginn iwwert d'Origine vun dësem Gesetzesprojet, dee mer haut hei zur Ofstëmmung bréngen. Et ass och vill geschwat ginn iwwert d'Verdängschter vun deem engen oder vun deem aneren, fir dass et zu dësem Gesetzesprojet komm ass. Dat léist mech direkt am Ufank zum Schluss kommen, dass et e gudder Gesetzesprojet ass, well vill Leit wëlle Papp vun dësem Gesetz gewiescht sinn. An ech hu jo och héiere vu bal alle Verrieder, déi hei op d'Tribün komm sinn, dass se gewëllt sinn, am Numm vun hirer Fraktioun dës Projet ze stëmmen.

Et ass och diskutéiert ginn iwwer e Strategie-pabeier vun der UEL, och iwwer e Brëif, deen de Wirtschaftsminister aus der frëierer Regierung gemaach hätt, deen dann awer net ganz ëmgesat gi wär, wou ech awer haut ka behaupten, dass deen zumindest ee grouse Verdängscht hat, näamlech deen, dass en d'Rad erëm richtig un d'Rulle bruecht huet. En huet näamlech dozou gefouert, dass am Mee 2013 e groussen Deel vun der Regierung - net manner wéi sechs CSV-Ministere waren dorunner bedeelegt - eng Reunion hat mat der UEL, fir kënnen auseloten, wéi mer dann am Beräich vun der Simplification administrative kéinte virgoen.

Et ass och virdru gesot ginn: Et war „Chef-sache“ ginn, de Statsminister selwer hat sech der Saach ugehol. An aus där Reunion ass, mengen ech, och e konkret Resultat erauskomm. An dat ass och dat, wat ech konnt virfannen, wéi ech de Ministère iwwerholl hunn, näamlech dat, dass sollten dräi Gesetzer ofgeännert ginn a konkret fënnef net onwichtig Dispositiounen am Sënn vun enger Simplification administrative sollten ofgeännert ginn. Dräi Gesetzer, hat ech gesot, näamlech: d'Kommodosgesetz, d'Naturschutzgesetz an den Aménagement communal, also alles Gesetzer, déi mer elo och an deem Projet, deen haut hei zur Diskussioun steet, erëm nei diskutéieren.

No deene Sitzunge vum Mee 2013 tëschent wichtige Regierungsvertreider an der UEL ass den Dossier e bëssen an d'Stacke komm. Och dat ass, mengen ech, kee Geheimnis. Et waren déizäit turbulent Zäiten an am Mëttelpunkt vun der Politik stoungen dunn aner Themen. Och dat wëll ech hei net weider kommentéieren, dat weess jiddwereen heibanne selwer.

An et war dunn am Januar 2014, wou mer als nei Regierung och en neien Ulaß geholl hunn. Mir hunn éischters eng regelméisseg interministeriell Plattform geschafen, déi och bis de

Juli 2014 dräimol zesummekomm ass um allerhéchsten Niveau. Mir haten iwwer 25 bilateral Aarbechtssitzungen a mir haten Entrevuë mat der UEL an och mam Syvicol. An déi intensiv Konsultatioun huet, mengen ech, och konkret Resultater bruecht mat dem Dépot vum Projet de loi de 16. Juli 2014, mat deem mer insgesamt eelef Gesetzer an dräi Arrêté-grand-ducalen ofännere respektiv ofschafen.

Insgesamt 35 Mesurë vu Vereinfachung vu Legislation a Reduktioun vun administrative Chargen, 14 Mesurë vu Vereinfachung vu Prozeduren, 17 Mesuren, déi administrativ Chargen tout simplement ofschafen, 3 Mesuren, wou elektronesch Publikatiounen kommen, 6 Mesuren, wou mer d'Délaien aféieren, fir wann d'Leit mussen eng Äntwert kréien, wa se eng Demande gemaach hunn, 1 Mesure, wou den Délai vun dräi op ee Mount erfogesat gëtt - et pas des moindres: am Kader vun engem PAP -, a 4 Mesurë betreffend den Accord tacite: wa keng Äntwert kënnt, dass dann d'Demande u sech automatesch ugehall ass. Dat war dee faméisen TGV, vun deem mer geschwat hunn an dee mer innerhalb - an do si mer, an dat kënnen mer och roueg, haut nach e bësse stolz drop -, dee mer ëmmerhin innerhalb vu sechs Méint konnten op d'Schinn setzen.

A wann den TGV net déi Geschwindegkeet kritt huet, déi mer eis alleguerten erhofft hunn, dann dierf hei an dësem Kontext d'Fro erlaabt sinn, ob iwwerall mat där nämlecher Energie gefuer konnt ginn, wéi d'Regierung dat gemaach huet.

Mä fir mech ass dat net dat Wichtigst. Dat Allwichtigst, an ech gehéieren net zu deene Leit, déi gären zrëckkucken, dat Wichtigst ass fir mech, dass den Zuch elo firt, an zwar, dass en an déi richtig Richtung firt an dass d'Weichen esou gesat sinn, dass de Réseau, op deen e soll fieren, kuerz- a mëttelfristeg kann erweidert ginn. A wichtig ass fir mech och, dass mer déi Zäit, wou eisen TGV um Quai an der Gare stoung, net einfach gewaart hunn, bis d'Scheif op gréng gesat ginn ass an den Zuch ufuere konnt, mä dass mer mat Nodrock weider an der Modernisatioun vum Réseau geschafft hunn.

An ech wëll haut hei soen, och well et an der Diskussioun ugeklongen ass: Ech wäert nach virun Ouschteren de Programm „Einfach Lëtzebuerg“ presentéieren. Et ass dat e Programm, wou sämtlech, an ech betounen dat, „sämtlech“ - ouni Ausnam - Ministère bedeelegt sinn, mat ronn honnert konkrete Mesuren. Eenzelner si schonns ëmgesat dovunner, mir hunn net drop gewaart, fir elo eng Pressekonferenz ze maachen, mä dat, wat schonn ze realiséiere war, dat hu mer scho realiséiert.

Bei deenen honnert konkrete Mesurë sinn der dobäi, wat Zentralisationsmesurë sinn, Dematerialisatioun vu Prozeduren, administrativ Vereinfachungen an och Tracking-Mesuren, déi virun allem fir de Bierger vu grousser Wichtigkeet sinn. Et si grousser dobäi, klenger, méi grousser, méi klenger dobäi, déi mer kënnen direkt ëmsetzen. An et sinn der vläicht dobäi, déi vläicht e bësse méi laang daueren. Mä mir fieren nom Prinzip: Kleinvieh macht auch Mist.

All eenzel Measure alleng gekuckt ass do ganz bestëmmt net de grouse Worf. Mä all zesummen, an dorëms geet et, dënge se engem eenzegem Zil: de Verwaltungen a virun allem de Bierger a Biergerinnen am Land d'Liewe méi einfach maachen. An och wann an dësem Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, vill Bestëmmunge sinn, déi d'Liewen am Beräich vum Aménagement communal nei regelen, fir deen ech jo mat enger aner Kap als Innenminister och Verantwortung droen an dee jo dee ganz sensibele Beräich vum Wunnensbau mat beinhalt, da si mer awer och do net stoe bliwwen bei eisen Iwwerleeungen.

Ech wäert kuerzfristeg e Projet de loi virstellen iwwert de städtebauleche Vertrag oder de Bauplanvertrag, wou ugeduecht ass, dass d'Gemeng mat Propriétaires, déi nei Land an de sougenannten „bebaubare Secteur“ erakréien, eng Konvention mécht, wou se sech engagéieren, innerhalb vun enger bestëmmter Frist e PAG-konforme Bauprojet ëmzesetzen. Geschitt dat net an där gemeinsamer ofgemaachter Frist, da fällt entweder de Bauplan an d'Zone verte zrëck oder e gëtt un d'Gemeng no engem am Viraus ofgemaachte Präis ofgetrueden.

Am nämleche Projet de loi wäerte mer awer och de Remembrement urbain vun Terrainen am Kader vun engem PAP nei regelen, deen d'Realisatioun vun engem Projet och da méiglech mécht, wann een eenzegem oder e puer Propriétaires aus wéi engem Grund och ëmmer net wëllen oder net kënnen matmaachen an een doduerjer riskéiert, dass de ganze Projet blockéiert gëtt. Dat si weider Mesuren, déi d'Prozeduren a virun allem d'Ëmsetzung vu Projekte virundriewen. An dofir sinn et gutt Mesuren am Intérêt vum Land!

De Gesetzesprojet iwwert d'Sanction-administrativen, deen, wéi de Statsminister et gesot huet, de Freiden eng éischt Kéier um Ordre du jour vun dem Regierungsrat ass, ass u sech een eenzege Projet vu Simplification administrative. E wäert eng entscheidend Entlaaschtung vun de Juridictionen a vun der Police mat sech bréngen.

D'Simplification administrative, an et ass virdun e puermol hei gesot ginn, ass e kontinuéierleche Prozess, deen ni ophéiert. An dofir sinn ech och esou frou, dass mer an deene leschte Méint mat Héichdruck u weideren Upassungen geschafft hunn. Ech hat eng Kéier de Verglach gemaach, an ech mengen, en imposéiert sech scho praktesch hei: Bei der Simplification administrative ass et wéi beim Usträiche vum Eiffelturm, déi fänken och erëm ënnen un, wa se uewe bis fäerdeg sinn.

An ech wëll mat Nodrock op déi exzellente Aarbecht verweisen, déi an eiser Cellule de facilitation an der Fonction publique geleescht ginn ass an och vun eise CTIE am Déngscht vu ganz ville Verwaltungen vun eise Stat. Mir sinn duerch hir Aarbecht konkret an entscheidend virukomm. Wat hei ausserhalb vum Scheinwerferlicht vun der grousser Politik geleescht gëtt, ass exzeptionell a gehéiert och emol eng Kéier hei op dëser Tribün gesot ze ginn!

An et ass dofir och schonn e bëssen enttäuschend, wann ech mat enger gewëssener Süffisanz hei op der Tribün héieren, mir hätten elo e Bummelzuch konstruéiert. An déi Leit, déi dat soen, wësse ganz genau, dass déi Délaien, déi zu deenen onerfreeleche Verlängerungen gefouert hunn, net vun der Regierung ze verantworten sinn. An ech mengen och kënnen ze behaupten, dass ech och frou sinn, dass dat och hei vum Här Eischen expressément ervirgestrach ginn ass.

Ech wëll hinnen awer och soen, dass dee Verglach mam Bummelzuch einfach kee gudden ass an och drops hiweist, dass se zumindest vun der Eisebunn net allze vill verstinn.

Dat kann ee jo och excuséieren, Här President, net jiddwereen ass en Expert vun der Eisebunn. Mä e Bummelzuch ass per Definition en Zuch, deen an all Gare stoe bleift. Eise Simplifications-TGV awer, wa mer haut gréng Luucht vun der Chamber ginn, an dovun ginn ech ganz staark aus no deem, wat ech haut héieren hunn, wäert vun haut u ganz zilstrebe, séier an ouni onnéideg Pause säi Wee maachen. An dat ass och gutt esou!

Et kann een, Här President, als Oppositionspartei, fir am Eisebunnjargon ze bleiwen, ëmmer zweegleiseg fieren. Et kann een e Regierungsprojet positiv a konstruktiv begleeten, seng Krittiken maachen, seng Verbesserungsvorschläge an dann, wann et dann zum Vott kënnt, wann et ëmgesat gëtt, och en Deel vum Verdängscht fir sech beusprochen. Et kann een awer och, an och dat ass d'gutt Recht vun der Opposition, sech aus der Gestaltung vu Gesetzer eraushalen an der Majoritéit déi Verantwortung iwwerloossen.

Ech mengen, an dësem Fall hate mer eng Mëschung vun deenen zwee. Ech stellen zumindest fest, dass mer an deene 16 Aarbechtssitzungen vun der Chamber eng ganz gutt Entente hatten, dass mer gutt virukomm sinn, dass mer jo och erweidert Sitzungen hate mat anere Kommissiounen zesummen. Et ass kee schrëftlechen Amendement vun der Opposition presentéiert ginn, soudass ech dovun ausginn, dass mer u sech e ganz gudden Text presentéiert hatten.

Mir hu virdru gesot, et wier e Gesetz, wat ëmmerhin eelef vun deene wichtigste Verwaltungsgesetzer, déi mer hei am Land hunn, ofännert. An ech mengen kënnen ze soen am Numm vun eis alleguerten, dass duerch d'Aarbecht, déi konstruktiv Aarbecht vun der Kommissioun den Text och nach besser ginn ass.

Ech wëll an deem Kontext ganz expressément och den Här Meyers ernimmen, deen ee ganz konkrete Virschlag gemaach huet, mëndlech gemaach huet, dee mer och tel quel an eise Projet afléisse gelooss hunn an deen, mengen ech, och an Zukunft nach vu ganz grousser Wichtigkeet wäert sinn.

Et war ee sech eens, dass dat heite keng einfach Operatioun géif ginn. Et war en héich techneschen Dossier mat villen Astuten, mat ville sensibele Beräicher a mat villen Herausforderungen. Et ass eis gelongen, all Hürden ze iwwerspringen, an ech soe jiddwerengem Merci, dee sech dorunner bedeelegt huet.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. An da maache mer elo ganz schnell, dass deen Zuch an d'Gare erakënnt, ouni ze vergiessen, nach eng Kéier ze ënnersträichen, wat de Rapporteur och gesot huet, dass mer déi kleng Modifikatioun, wat

d'Terminologie vum Journal officiel ugeet, selbstverständlech dann zrëckbehalen, esou wéi de Conseil d'État eis dat geroden huet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6704 et dispense du second vote constitutionnel

An ech géif domat d'Ofstëmmung lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An ech stelle fest, dass mer hei bei der Ofstëmmung wierklech esou eppes ware wéi e Schnelzuch.

55-mol Jo, 3-mol Neen an 2 Abstentiounen, domat ass de Projet 6704 mat grousser Majoritéit ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech froen d'Chamber nach, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour kommen, dem Projet 6992, wou et ëm d'Ëmsetzung vun enger Rei vun Direktive geet, méi speziell iwwert de fräie Verkéier an d'Immigratioun. D'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Marc Angel.

4. 6992 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

2) de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;

3) de la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi legal Immigratioun ass spëstens säit dem Enn vum Zweete Weltkrich en zentrale Motor vun der Lëtzeburger Ekonomie. Als klengt Land si mer op auslännesch Aarbechtskräften an och op auslännesch Investisementer ugewisen, fir eis Wirtschaft unzudriewen. Lëtzebuerg wär haut net dat, wat et ass, ouni Immigratioun. Ouni Migratioun hätte mer weder eis oppen a villsproocheg Gesellschaft nach eis staark Wirtschaft.

Eis auslännesch Matbierger schaffen haut an alle Beräicher vun onser Wirtschaft, vum Niddreglounsektor, wéi dem Bausektor oder de Botzfirmer, iwwer eis Kleng- a Mëttelbetriber bis hin zu den héich qualifizéierte Beruffer an der Fuerschung oder op der Finanzplaz. Dës ënnerschiddlech Beräicher hunn och ganz ënnerschiddlech Besoinen a si mat ganz ënnerschiddleche Problemer konfrontéiert. Dofir brauche mer och Regeln an der Immigratioun, déi dësen ënnerschiddleche Problemer Rechnung droen, wa mer op där enger Säit wëlle kompetitiv bleiwen an Talenter unzéien an op där anerer Säit d'Rechter vun de Leit, déi schaffen, weider wëlle stäerken.

De Projet de loi, iwwert dee mer haut hei ofstëmmen, befaasst sech dann och mat enger